et ass op jidfer Fall een, deen dat Ganzt muss bezuelen! Ech weess elo net, ob juristesch Recoure kënne komme vun der europäescher Kommissioun, au vu vun deem Rapport, géint de lëtzebuergesche Stat, respektiv géint de Fonds du Kirchberg. Mir bleiwen also do vläicht nach am Vaguen a mussen ofwaarden, wéi den Dossier évoluéiert!

Wou ech awer net ka mat Iech d'accord sinn, Mme Minister, dat ass, wann Der sot, datt déi lëtzebuergesch Cour des Comptes - déi fréier Chambre des Comptes - eng Kontroll kéint exercéieren iwwer alles dat, wat iwwert d'Loi de garantie finanzéiert gëtt.

(Interruptions diverses)

Ma dach! Ech muss awer hei exposéieren, wourëm et geet!

(Interruptions diverses)

Ech wëll just nure soen, datt dat no schréftlechen Aussoe vum President vun der Cour des Comptes net méiglech ass! Dofir froen ech, ob…

(Interruption)

…mer hei awer net sollten deen Dossier nach eng Kéier nei vun der Regierung iwwerdenken a kucke loossen. Ech hunn Akt geholl dovun, datt Der an Zukunft d'Loi de garantie wëllt méi iwwerwaachen. Dofir: Soll een net eng Modification législative virhuelen, déi kloer an däitlech géif eng Kontroll vun eiser Cour des Comptes erméiglechen, bei Finanzementer iwwert d'Loi de garantie?

M. le Président.- D'Mme Minister huet d'Wuert.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Ech kann aus dem Här Henckes senger Interventioun do just eng Fro eraushéieren. Dat ass d'Fro,…

(Interruptions)

…wee beim Dépassement vum Devis géif bezuelen.

Do kann ech dem Här Henckes soen, datt fir de Moment eng Eenegung besteet tëscht dem Lëtzebuerger Stat an der Cour de Justice, well déi jo Client ass, an déi huet gebaut kritt, wat se gefrot huet. Do besteet eng Eenegung, mat Ausnam vun engem Litige, dee sech ëm d'Strooss handelt, déi fir d'Zoufahrt gemaach ginn ass. Déi Strooss, déi fir d'Zoufahrt gemaach ginn ass zur Cour, gëtt nämlech net nëmme vun de Leit vun der Cour benotzt. Déi gëtt och vun anere Leit benotzt.

Dat ass nun awer deen eenzege Litige, deen nach besteet. Da sinn nach fënnef Milliounen op deem ganze Chiffer, wou och nach verhandelt gëtt. Zur Zäit ass also d'Lëtzebuerger Regierung mat hirem Client eens iwwert de Coût, virausgesat datt elo d'Cour de Justice vun hiren Institutiounen, vun hirer Budgetsautoritéit, och déi Suen do kritt, fir ze bezuelen. Ech mengen, wann een de Bericht noliest, deen d'Cour als Äntwert op déi Bemierkunge vun der Cour des Comptes gëtt, da liest dat sech jo och do eraus!

M. le Président.- Domat wier dee Punkt ofgeschloss. Mir kéimen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4562 iwwert déi finanziell Studiëbäihëllefen.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Fayot, Bettel, Henckes, Garcia an Hoffmann.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet, déi honorabel Mme Nelly Stein.

3. Projet de loi 4562 concernant l'aide financière de l'Etat pour études supérieures

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

Mme Nelly Stein *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4562 gouf schonn de 26. Abrëll 1999 vun der Mme Erna Hennicot-Schoepges deponéiert. Mir wëssen awer, dass dono d'Zäit vun de Chamberwale komm ass, a vläicht war et gutt, dass mer de Projet do net méi ganz schnell duerchgebaatscht hunn, dat ëmsou méi, well och nach keen Avis vum Statsrot do war.

Ech mengen, hei huet een näischt dobäi verluer, wann ee gewaart huet, well de Januar 2000 huet d'Regierung nach Amendementer zum Projet abruecht, d'Kreditter goufen nach massiv erhéicht, an an der Kommissioun - dat war dunn d'Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - hate mer dann och déi néideg Rou an Zäit, fir de Projet duerchzehuelen. Dat hu mer och - dat muss ech soen - an enger ganz gudder Entente gemaach. Do war et nämlech sou, dass een op deen anere gelauschtert huet, een ass op deem anere seng Proposen agaangen, an et gouf och all Propos diskutéiert.

Dofir wéilt ech vun dëser Plaz aus der Mme Minister an de Mataarbechter aus hirem Ministère ganz häerzlech merci soen, dass se souvill Gedold haten, fir eis noze lauschteren an och nach eise Propositiounen a Wënsch Rechnung ze droen. Och alle Memberen aus der Kommissioun e ganz häerzleche Merci fir déi konstruktiv Mataarbecht.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass gär geschitt!

Mme Nelly Stein *(CSV), rapporteur*.- Elo zum Projet de loi.

Eis Jugend ass eis Zukunft.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Ah, merci!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass léif, dass Der op eis kuckt!

(Hilarité)

Mme Nelly Stein *(CSV), rapporteur*.- Et ass jo awer nëmmen normal, Här Gira!

Dësen oft vu Politiker gebrauchte Saz däerf awer net einfach eng Floskel sinn, mä muss dozou leeden, eiser

Jugend déi bescht Ausgangspositioun ze schafen, mat där se kënnen hir Zukunft ugoen.

De Projet de loi, deen eis hei virläit, behandelt e Beräich, wou et extrem wichteg ass, dass d'Politik de richtege Kader schaaft. All Land brauch Universitairen, an och Lëtzebuerg. Mä Lëtzebuerg huet der am Verglach mam Ausland net genuch! Elo ass et un de Politiker, also un eis, fir déi néideg Bedingungen ze schafen, fir dass sech hei eppes ännert. Dee virleiende Projet de loi ass e Schrëtt an déi richteg Richtung.

D'Fuerderunge vun eisem Aarbechtsmaart ginn ëmmer méi spezifesch. D'Entreprisen an d'Administratioune verlaangen ëmmer méi spezialiséiert a qualifizéiert Personal. Et stinn awer net ëmmer genuch Leit mat engem Unis- oder Héichschoulofschloss zur Verfügung. E groussen Deel vun den Universitairen hei am Land besteet elo schonn aus Frontalieren oder Leit, déi sech just fir eng begrenzten Zäit hei zu Lëtzebuerg ophalen.

Dëst dréit wuel zur Dynamik an zur Diversitéit vun eiser Bevölkerung an eiser Ekonomie bäi, mä et werft awer och d'Fro op vun de Chancë vun de Lëtzebuerger Universitairen an Net-Universitairen op eisem Aarbechtsmaart. Hei, just hei, muss sech eppes doen. Eng Reform vun der staatlecher Finanzhëllef ass wuel keen "Allheilmittel", mä trotzdeem e wichtegen Aspekt vun dësem Problem.

Lëtzebuerg muss senge Studenten déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung stellen, déi hinnen et erlaben, an uerdentleche Konditiounen ze studéieren. Dëst gëllt ëmsou méi, wou de groussen Deel vun eise Studenten op auslänneschen Unien ageschriwwen ass. D'Käschte vun engem Studium si fir si deementspriechend méi heich, vill méi héich, wei fir Studenten, déi an hirem Heemechtsland bleiwen.

Op Basis vun der aktueller Législatioun profitéieren ongeféier 4.200 Studente vun der finanzieller Hëllef vum Stat.

(Coups de cloche de la Présidence)

Merci, Här President!

Den Total vun de Lëtzebuerger Studente kann op ongeféier 7.000 geschat ginn.

Déi jëtzeg Gesetzgebung dréit awer net méi alle Situatioune Rechnung a léisst eng Réi vu Problemer bestoen. Dofir soll se duerch eng nei ersat ginn, déi der Zäit ugepasst ass.

D'finanziell Hëllef vum Stat besteet ënner Form vu Boursen, Prêten - Prêten ouni oder mat Zënsen -, déi awer vum Stat subventionéiert ginn, an ënner Form vu Primes d'encouragements.

Ier ech an d'Detailler vun dësem Projet aginn, wëll ech awer kuerz drun erënneren, dass déi finanziell Studienhëllef e feste Bestanddeel vun eiser Schoulpolitik ass. Mir erfëllen nämlech mat dësem Gesetzesprojet ee vun den Opträg vun der Lëtzebuerger Verfassung. Am Artikel 23 vun eiser Constitutioun steet geschriwwen, an ech zitéieren: "La loi prévoit, selon des critères qu'elle détermine, un système d'aides financières en faveur des élèves et étudiants". Kaum en anert Land huet sou eng Dispositioun. Et ënnersträicht d'Bedeitung, déi mir der finanzieller Studienhëllef bäimoossen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi éischt Innovatioun vun dësem Projet de loi ass eng Redefinitioun vun der Notioun vun den Etudes supérieures. Wéi scho gesot studéieren déi meescht vun eise Studenten am Ausland, hunn also en auslänneschen Diplom. Et geet also drëm, fir d'Lëtzebuerger Légis-latioun där auslännescher unzepassen. Domat anticipéiere mir eng geplangten europäesch Harmoniséierung vun den Diplomer.

Dës Harmoniséierung gouf 1998 initiéiert am Kontext vun de Feieren zum 800. Gebuertsdag vun der Sorbonne. Dës Projete goufen duerno, am Juni 1999, zu Bologna weidergefouert. Mir stellen och e Parallelismus hier mat eiser Gesetzgebung vum 17. Juni 1963 iwwert d'Inscriptioun am Registre des titres d'enseignement supérieur.

Den Artikel 1 vum Projet de loi gëtt eng dräifach Definitioun vun den Universitéitsstudien:

- éischtens déi Studien, déi an 3 Zyklen organiséiert sinn;

- zweetens déi Studien, déi an zwee Niveaue lafen, eng pré- an eng post-Lizenz, an

- drëttens d'Studien op enger Héichschoul, déi an engem Zyklus funktionéieren.

Mat dëser dräifacher Definitioun droe mir der Diversitéit vun den Diplomer Rechnung. Esou ginn zum Beispill franséisch Lizenzen a britesch "bachelor" mat abegraff. Et handelt sech hei ëm Diplomer, déi een no engem Zyklus vun 3 Joer kritt, déi e vollstännegen Universitéitszyklus ofschléissen an deemno och am Register vun den Titres d'enseignement supérieur ageschriwwe kënne ginn.

An dësem Kontext wéilt ech och nach e puer Wierder zu de Bénéficiairë vun der staatlecher Finanzhëllef soen. Och op dësem Plang gouf den Text moderniséiert. Et sinn nämlech net nëmmen d'Lëtzebuerger, déi an de Genoss vun der Finanzhëllef komme kënnen, mä et kommen des Weideren a Fro: d'EU-Bierger, déi zu Lëtzebuerg wunnen; d'Flüchtlingen, deenen de Statut vum Réfugié politique ënnert der Genfer Konventioun zouerkannt gouf, an d'Leit aus Drëttstaten, déi säit 5 Joer hei wunnen an en Diplom kënne virweisen, deen equivalent mat eisem Premièresdiplom ass, also mam Bac oder mam Bac technique. Ënnert dës Drëttstate falen och d'Memberstate vum europäesche Wirtschaftsraum, déi net Member vun der Europäescher Unioun sinn, also Island, Liechtenstein an Norwegen.

Dës Definitioun ass méi breet wéi déi vum Projet de loi a senger ursprünglecher Form. Et huet eis awer an der Kommissioun vum Enseignement supérieur wichteg geschéngt, fir dem Statsrot sengen Observatioune Rech-

nung ze droen an den Text an dësem Sënn ze reformuléieren.

Des Weidere gëtt de maximale Montant vun der Finanzhëllef, deen e Student ka während engem akademesche Joer kréien, op 16.350 Euro eropgesat. Dëst entsprécht enger Augmentatioun vun 20%. Domat bleift deen néidege Spillraum bestoen, mat deem deene verschiddene soziale Situatioune ka Rechnung gedroe ginn. De Spillraum, deen der Regierung ënnert der aktueller Gesetzgebung zur Verfügung steet, ass iwwer Joren ëmmer méi kleng ginn.

Dëst ass dorop zréck ze féieren, datt den effektive Montant vun der Finanzhëllef ëmmer méi no un den theoreteschen, vum Gesetz festgeluegte Maximum erukomm ass. Déi Augmentatiounen, déi hei festzestelle sinn, erkläre sech zum Deel duerch déi steigend Frais d'inscription op den Unien.

Här President, si schwätze méi haart wéi ech. Ech hu Schwieregkeeten, fir mech selwer ze héieren.

M. le Président.- Ech géif ëm Är Opmierksamkeet bieden!

Mme Nelly Stein *(CSV), rapporteur*.- Et muss ee sech bal entschëllegen, datt een d'Leit hei stéiert!

M. le Président.- Ech géif also nach eng Kéier drëm bieden nozelauschteren, fir sech e kloert Bild ze maachen, iwwer wat herno ofgestëmmt gëtt! D'Mme Stein fiert elo weider, an déi aner si roueg!

Mme Nelly Stein *(CSV), rapporteur*.- Merci, Här President. De Montant vun der Finanzhëllef an d'Opdeelung vun dësem Montant tëschent enger Bourse an engem Prêt hänkt souwuel vun der finanzieller a sozialer Situatioun vum Student a vu sengen Elteren of, wéi och vun de Frais d'inscription, déi de Student ze bezuelen huet. Dës Regelung bezitt sech awer nëmmen op d'éischt an zweet Zyklen.

Bei den drëtten Zykle gëtt just d'finanziell a sozial Situatioun vum Student gekuckt, an net méi déi vu sengen Elteren. Duerch dës Mesure geet fir de Student, dee sech an engem drëtten Zyklus befënnt, den Deel Bourse vun der Finanzhëllef erop a mindert domat de Risiko vun enger Iwwerverschëldung.

D'Finanzhëllef vum Stat soll net e Blankoscheck duerstellen. Et gëtt deemno vum Student eng gewëssen Assiduitéit an e gewëssene Seriö verlaangt. An dësem Sënn gëtt d'Dauer, während där e Student vun der Finanzhëllef profitéiere kann, begrenzt. D'Finanzhëllef gëtt limitéiert op d'Regelstudienzäit plus ee Joer, also ee Joer méi laang wéi déi Zäit, déi offiziell fir déi betreffend Studië virgesinn ass. An anere Wierder: Bei Studien, déi offiziell 4 Joer daueren, kann ee während 5 Joer vun der Finanzhëllef profitéieren, dat heescht, et kann ee sech een Echec erlaben.

Et geet hei drëm, fir ze verhënneren, datt Studenten an déi schwiereg Situatioun kommen, wou se no enger Rei vun Joren op der Uni ouni Diplom do stinn an awer an där Zäit en zolitte Scholdebierg ugeheeft hunn. Et geet also weider drëm, fir de Fäll vun Iwwerverschëldung virzebeugen.

Déi Regel, déi ech elo grad beschriwwen hunn, ass awer net rigid, an de Projet de loi gesäit Ausnahmeregelunge vir. Folgend Fäll ginn zum Beispill berücksichtegt:

- wann e Student Zousazstudië mécht;

- wann e Student wëll déi Studië fäerdeg maachen, déi en aus iergendengem Grond net ofgeschloss hat;

- wann e Student sech nom éischte Joer wëll nei orientéieren, oder

- wann de Student sech an enger schwiereger an aussergewéinlecher Situatioun befënnt.

Iwwregens: D'Notioun vun den Zousazstudien, déi hei gebraucht get, ass nei. Et handelt sech dobäi ëm Studenten, déi en Diplom vum zweeten Zyklus hunn an nach en zousätzlechen zweeten Zyklus maache wëllen an engem Beräich, deen als complémentaire zu hirem éischten Diplom kann ugesi ginn.

Duerch de Projet de loi ginn d'Konditiounen awer net nëmme méi large. D'Finanzhëllef kann nämlech och refuséiert ginn, wann e Student Resultater opzeweisen huet, déi "gravement insuffisants" sinn. Bei esou enger Décisioun kann de Minister op déi consultativ Kommissioun zréckgräifen, déi am Projet de loi virgesinn as.

Et ass och wichteg, datt d'Studenten encouragéiert ginn, fir hir Studien an der Regelstudienzäit ofzeschléissen. Et gouf an dësem Sënn bis elo déi sougenannte Bourse spéciale vu 40.000 Frang. Dës Bourse spéciale gouf ausbezuelt, wann e Student den éischten Zyklus vu senge Studien innerhalb vun der Regelstudienzäit plus maximal 1 Joer ofgeschloss hat.

Dëse System - an dat ass interessant - gëtt elo generaliséiert. De Projet de loi schwätzt elo, mat Recht, vu Primes d'encouragement. Si sollen de Student motivéieren, seng Studien esou gutt an esou schnell wéi méiglech zu Enn ze bréngen. Ech wëll ënnersträichen, datt dës Primen nëmme vum Mérite ofhänken, dat heescht, datt weder d'finanziell Situatioun vum Student, nach déi vu sengen Elteren eng Roll spillt.

De generaliséierte System vun de Primë gesäit also folgendermoossen aus: D'Prime vu 40.000 Frang fir den Ofschloss vum éischten Zyklus bleift weiderhi bestoen a funktionéiert no de selwechte Kritäre wéi virdrun. Fir dës Prime ze kréien, muss een also säin éischten Zyklus an der Regelstudienzäit plus maximal ee Joer ofgeschloss hunn. Dës éischt Prime gëtt direkt ausbezuelt.

Da ginn zwou weider Primen agefouert: Et gëtt eng Prime vun 80.000 Frang fir den Ofschloss vum zweeten Zyklus, an dann nach eng Prime vun 80.000 Frang nom Ofschloss vun engem drëtten Zyklus. D'Primë fir den zweeten an drëtten Zyklus ginn nëmmen dann ausbezuelt, wann d'Regelstudienzäit respektéiert gëtt. Wann e

Student eng vun dësen zwou neie Primen oder déi zwou zegutt huet, gi se awer net onbedéngt direkt ausbezuelt.

Et muss een hei zwou Situatiounen ënnerscheeden. Am Fall, wou de Student e Prêt opgeholl huet, gëtt d'Prime op de Montant vun dësem Prêt zréckbezuelt. Dës Mesure ass geduecht, fir géint d'Iwwerverschëldung virzegoen. Am anere Fall, also wann de Student kee Prêt opgeholl huet, gëtt d'Prime, wéi déi vum éischten Zyklus, direkt ausbezuelt.

Ech menge kënnen ze soen, datt mir heimat e relativ generéisen an awer pragmatesche Mechanismus fonnt hätten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech schonn erkläert hunn, setzt sech d'Finanzhëllef vum Stat haaptsächlech aus Boursen a Prêten zesummen. Dës Prêten hunn hir Spezifissitéit. D'Modalitéite vun deene Prêten ënnerleie Konventiounen, déi tëschent dem Stat an de Banken ofgeschloss ginn. Am Kader vun dëse Konventioune gëtt och festgeluegt, zu wéi engem Deel de Stat sech un den Zënse vun esou engem Prêt bedeelegt. De Student bezillt am Moment 2%, de Rescht iwwerhëlt de Stat. Dës Subventioune vun den Zënse kréien duerch dëse Projet de loi eng méi zolitt legal Basis.

De Stat huet seng Hand awer och nach op eng aner Aart a Weis mat am Feier. En iwwerhëlt nämlech d'Garantie vun de Prêten. De Remboursement vun de Prêten erstreckt sech laut Règlement grand-ducal iwwer eng Period vu bis zu 10 Joer. Et kënnt awer ëmmer nees zu Schwieregkeete beim Remboursement. Et gouf deemno no Méiglechkeete gesicht, déi et dem Stat erlaben, nieft dem Droit commun, a Fäll, wou et Problemer mam Remboursement gëtt a seng Garantie gespillt huet, un d'Suen ze kommen.

Et sinn dës net déi Fäll, wou e fréiere Student Schwieregkeeten huet wéinst plötzlechen Evénementer am Liewen, déi op en zoukomm sinn. Mä et sinn déi Situatiounen, wou e fréiere Student ganz bewosst sengen Obligatiounen net nokënnt. Et war net einfach, dësen delikate Problem ze léisen.

An enger éischter Etapp gouf dru geduecht, fir d'Garantie vun den Elteren ze froen; dëst ass awer net tragbar an hätt de Student a senger fräier Entscheedungsméiglechkeet a Fro gestallt. De Projet de loi huet dunn zwou Mesurë virgesinn, wou awer, no enger Opposition formelle vum Statsrot, nëmmen eng zréckbehale gouf.

De Mechanismus, deen am Projet de loi steet, esou wéi en elo virläit, gesäit vir, datt de Student dem Stat seng Rechter cédéiert op der Restitutioun vun der TVA, wat d'Wunnéngen ubelaangt. Dës Solutioun gouf vum Ministère vum Enseignement supérieur proposéiert, no Consultatioune mat dem Budgetsminister, dem Enregistrement an der ACEL, der Associatioun vun de Lëtzebuerger Studentecerclen. De Statsrot an d'Chamberkommissioun hu sech deem ugeschloss.

Des Weidere gesäit de Projet de loi eng consultativ Kommissioun vir, déi dem Minister a verschiddene Fäll en Avis soll ginn. Et dréit sech hei virun allem ëm déi Fäll, wou e Student an enger graver an exceptioneller Situatioun ass. Nom Avis vun dëser Kommissioun kënne vun den zoustännege Ministere folgend Décisioune geholl ginn: De Montant vun der Finanzhëllef kann eropgesat ginn, et kënnen Délaie beim Remboursement accordéiert ginn, an e Student kann deelweis oder ganz vum Remboursement vum Prêt dispenséiert ginn. Do dernieft kann den zoustännege Minister d'Kommissioun och nach mat Avien zu allen anere Froe beoptragen, déi him nëtzlech schéngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wéilt ech soen, dass mir mat dësem Projet en Zeeche setzen. D'Studente sollen encouragéiert ginn, fir hiert Bescht ze ginn an uerdentlech Studien ze maachen. E Student muss och kënne säi Wee sichen an de Studië vu sengem Choix nogoen. Dobäi mussen d'Studente kënnen op déi finanziell Hëllef zielen, déi hinnen zousteet.

Wat de Stat awer net acceptéiere kann, dat ass, datt öffentlech Gelder gebraucht ginn, fir e schéint Liewen ze féieren a Jonker mat Iwwerverschëldung an ouni Diplom ze förderen.

Dëse Projet de loi stellt also e gesonden Equiliber duer, en Equiliber tëschent engersäits enger generéiser finanzieller Ënnerstëtzung, op déi d'Studenten ziele kënnen, an anerersäits der néideger Assiduitéit, déi vun hinne verlaangt gëtt.

Et ass virgesinn - an dat ass elo ganz wichteg, zum Schluss ze wëssen -, datt dëst Gesetz den éischte Juli, no senger Publicatioun am Mémorial, a Kraaft triede soll. All d'Studenten, déi an deem Moment, wou d'Gesetz a Kraaft trëtt, op enger Uni oder op enger Héichschoul ageschriwwe sinn, kommen an de Genoss vun deenen neien Dispositiounen. Wa mir dëse Projet de loi also haut unhuelen, kann d'Gesetz schonn an engem Mount ugewannt ginn, an déi jëtzeg Studente kënnen nach an de Genoss vun deenen neien Dispositioune kommen, besonnech wat d'Primes d'encouragement ugeet.

Ech géif Iech also alleguer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wäermstens ëmfehlen, dësem Projet de loi zouzestëmmen, esou wéi mir dat och an der Kommissioun gemaach hunn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Mme Stein huet virdrun alleguer de Leit merci gesot, déi matgeschafft hunn. Ech wëll awer och hir merci soen. Si huet e gudden a flotte Rapport gemaach, d'Diskussioun an der Kommissioun zügeg gefouert an e gudde Résumé an hirer Ried vun all deem gemaach, wat an der Kommissioun gesot ginn ass.

D'lescht Woch hu mer schonn zu engem Deel iwwert dëse Sujet geschwat, wéi mer am Etat de la Nation eng instruktiv Diskussioun iwwert d'Héichschoulwiesen zu

Lëtzebuerg haten. Mir hunn do de Kader vun der Regierung ganz kloer nach eng Kéier opgezeechent kritt. Et soll zu Lëtzebuerg kee kompletten Universitéitszyklus an alle Fächer ginn, wat de Virdeel vun enger gréisserer Internationalisatioun vun eise Studenten huet, déi esou Erfahrungen am Ausland kënne sammelen.

Et ass natierlech och gesot ginn, dass eng ganz Rei Studenten hir Studien a Stied maache ginn, déi no ronderëm Lëtzebuerg leien, wat vläicht net déi ganz grouss Welt ass, ob dat elo Stroossbuerg ass, Nanzeg, Léck, Metz, Bréissel, Tréier oder wéi nach ëmmer se heeschen. Ech sinn awer der Iwwerzeegung, dass en anert Ëmfeld, haaptsächlech d'Integratioun an en anere System, an aner Gewunnechten, trotzdeem e Schrëtt bedeit, deen et wichteg ass, dass eis Studenten e maachen, dass se aus eisem Land erauskommen, e klenge Schrëtt vläicht nëmmen iwwert d'Grenzen ze maachen, fir do an aner Saachen eranzegesinn. Net all Student geet just op Tréier, mä mir hunn der och ganz vill, déi an aner Stied ginn. Ech denken, dass an Zukunft et ëmmer méi wäert esou sinn, dass gekuckt gëtt, dass verschidden Universitéite mat hire Programmer an déi Lëtzebuerger Universitéit mat hirem Zyklus, dee se presentéiert, an en Ensembel kënnen erapassen.

Dofir mengen ech, dass dat schonn e positiven Aspekt huet, an dës Positioun erlaabt eis et natierlech, an eiser Héichschoulpolitik eis ze konzentréieren op den Ausbau vun drëtten Zyklen, op den Ausbau vun neien Initiativen, wou Initiativgeescht ka gewise ginn a mir esou eis Renommée kënnen ausbauen.

Et ass an deene leschte Jore vill an dësem Kontext gemaach ginn. Mir hunn eng Politik gemaach, fir de Postuniversitaire zu Lëtzebuerg auszebauen. Mir hunn e Fonds national de recherche an deene leschte Joren op d'Bee gesat, an d'Mme Hennicot-Schoepges huet virun e puer Deeg hiert Wäissbuch presentéiert, wou se den Développement vun dem Héichschoulwiesen zu Lëtzebuerg an de groussen Zich virstellt. Dëst schéngt mir eng wichteg Saach ze sinn, wann een d'Zukunft kuckt.

Et ass eng Politik also, wou d'Studente mat auslänneschen Unien a Kontakt sollen a musse kommen, eng Politik och, wou de Postuniversitaire an d'Recherche grouss geschriwwe ginn. Dës Politik natierlech, wann ee se esou konzentréiert, se esou résuméiert, verlaangt och e Boursëgesetz, e finanziellen Ënnerstëtzungssystem, deen ugepasst ass, ugepasst selbstverständlech un de Fait, dass en Auslandsstudië finanziell muss erlaben an och d'Recherche an de Postuniversitaire zu Lëtzebuerg méi ënnerstëtzt musse ginn.

A wann een elo kuckt, wat dat Gesetz, wat mer amgaange sinn ze diskutéieren, effektiv bedeit, da muss ech soen, dass schon Haaptpunkten dervun op déi Politik opgebaut sinn an déi Politik, déi ech virdru beschriwwen hunn, och ënnerstëtzen.

Et erlaabt Auslandsstudien. 1998 huet de Familljeministère d'Rheinisch-Westfälisches Institut fir Wirtschaftsforschung beoptraagt, eng Etüd ze maachen iwwert d'sozial Transferen zu Lëtzebuerg. Et war eng interessant Etüd - si ass och an der Chamberkommissioun diskutéiert ginn -, an deem Sënn, dass se probéiert huet - wat net einfach ass -, fir eise ganze Sozialsystem, ob dat elo d'Steiere sinn, d'Kannergeld ass, d'Familljentransferen am allgemengen, d'Wunnéngsbäihëllefen, d'Studenteboursen, d'sozial Tariffer an de Foyers de jour, an de Crèchen, emol eng Kéier an enger Gemeinsamkeet ze analyséieren an ze kucken, wéi eise Sozialsystem géing aneneegräifen. Do si ganz kloer, och wat de Boursësystem ugeet, Konklusiounen erauskomm.

De Rapport seet: "Die Studienförderung basiert auf einem zinsvergünstigten Darlehen und nicht rückzahlbaren Transfers, die Studienbörsen. Beide Komponenten stellen zusammen mit dem Kindergeld sicher, dass ein Studium nicht an der Frage der Finanzierung scheitert." Dat ass fir mech eng relativ wichteg Ausso. Scho mat deem alen Text war séchergestallt, dass Studenten, déi am Ausland wollte studéieren, och konnten am Ausland studéieren, dass jiddefalls net aus finanzielle Grënn esou e Studium a Fro gestallt ginn ass.

Mat dësem Text verbessere mer déi Situatioun a setzen dës finanziell Ofsécherung nach op en Niveau méi héich. Gëschter krute mer d'Zuele vum Budgetsministère, wat den zousätzleche Käschtepunkt vun dësem Text wär. An dee Käschtepunkt - e léisst sech weisen - läit an Zuele bei 138,3 Milliounen Zousazkäschte jäerlech; dat si 94,8 Millioune fir déi verschidden Type vu Primes d'encouragement, 20 Millioune fir d'Boursen, déi geduecht si fir d'Prise en charge vun de Frais d'inscription, an nach eng Kéier 23,5 Millioune fir Boursë vum drëtte Cycle; also e substanziellen Zousazeffort, dee gemaach gëtt an och an dee Kontext vun der Héichschoulpolitik passt, dee mer amgaange sinn ze entwéckelen.

Och maache mir eng Politik vum Ausbau vun der Recherche an dem drëtten Zyklus. Do sinn déi Zuelen, déi genannt sinn, och relativ kloer. De Budgetsministère seet, dass mer d'Boursë fir den drëtten Zyklus ëm 23,5 Millioune wäerten hiewen, dass d'Primes d'encouragement fir den drëtten Zyklus 20 Milliounen ausmaachen, dat heescht en zousätzlechen Total vun 43,5 Millioune jäerlech fir den drëtten Zyklus. Dat ass natierlech nëmmen eng Estimatioun. Ech ka mer denken, dass, wann déi Politik gräift, dat och nach wäert an d'Luucht goen; also en zousätzleche substanziellen Effort, dee mir an dësem Sënn maachen.

Dozou wëll ech soen, dass mer haut schonn eng Gesetzgebung hunn, déi op engem anere Plang d'Recherche ënnerstëtzt, andeem se Boursë gëtt fir spezifesch Recherche, fir interessant Projeten zu Lëtzebuerg.

Ech wëll just eng Klammer opmaachen a soen, dass et wichteg ass - mä dat kann een net an dësem Gesetzestext maachen -, dass ee sécherstellt, dass Boursen, déi elo fir den drëtten Zyklus iwwert dësen Text kommen, net duerno eng Verkierzung vun anere Boursen, déi iwwert d'Recherche géinge kommen, bréngen, well do Cumulsbestëmmungen dra wären. Et muss kloer sinn, dass dës Boursë fir den drëtten Zyklus an déi aner Recherceboursen eng spezifesch Finalitéit hunn an och spezifesch mussen independent eng vun där anerer behandelt ginn.

Zousätzlech zu dëse Remarke wëll ech kuerz soen, dass ech déi Prinzipien, déi dësem Gesetzesprojet zu Grond leien, selbstverständlech als richteg ëmfannen; de Wëllen, fir eis Definitioun vun den Héichschoulstudien esou unzepassen, dass se ugepasst ass un dat, wat an Europa um legale Plang an deenen nächste Méint a Jore wäert geschéien, dass se ausdrécklech eng Ënnerstëtzung vun der Seriositéit vun de Studiëgäng gëtt duerch déi Primes d'encouragement, Délaie fir den Ofschloss asetzt, déi agehale solle ginn, a parallel Moossname géint d'Iwwerverschëldung virgesäit, déi de Start an d'professionellt Liewen oft kënnen erschwéieren, duerch de Fait, dass d'Prête mussen zréckbezuelt ginn.

Och gëtt de Stat sech, an ech menge berechtegterweis, eng juristesch Basis, fir bei deene Studenten, déi wëllentlech schlecht oder net zréckbezuelen, kënnen anzegräifen, andeem de Student dem Stat seng Rechter cédéiert op d'Restitutioun vun der TVA, wat d'Wunnéngen ubelaangt.

Als Konklusioun wëll ech soen, dass selbstverständlech d'CSV-Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen, e Projet, deen den Zilsetzunge gerecht gëtt an an de Kader vun enger ambitiöser Héichschoul- a Recherchepolitik erapasst.

Ech soen der Rapportrice nach eng Kéier merci, an Iech fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz adaptéiere mer e Gesetz vum 8. Dezember 1977, also e Gesetz, wat 23 Joer al ass. Dat ass de Beweis, dass dat Gesetz vun 1977 e gutt Gesetz war an eiser schnelllebiger Zäit. Ech erënneren drun, reng aus historeschem Interessen, dass dat Gesetz ënnert enger sozial-liberaler Koalitioun gemaach ginn ass.

(Interruption)

Ech kommen dorop, Här Hoffmann.

De Rapporteur war den honorable Jean Regenwetter, un deen Dir Iech bestëmmt kënnt erënneren, an den Auteur vum Gesetz war den deemolege Statssekretär Guy Linster.

Dëst Gesetz ass iwwregens de 15. November 1977 an dëser Chamber gestëmmt ginn, mat 30 Stëmme géint 28. Deemools huet ënner anerem d'CSV dergéint gestëmmt, an och aner Oppositiounsgruppen. Eng vun deenen Oppositiounsgruppen huet deemools gesot - an dat ass en Zitat, dat ech wierklech hei brénge muss; et staamt vun der heiteger CSV-Politikerin an deemoleger SDP-Politikerin, der Mme Lulling, déi gesot huet -: "Ech muss soen, dee reaktionäersten Unterrichtsminister géing sécher bleech ginn, wann en deen diabolesch ausgeklügelte System hei géing gesinn, deen zu esou Auswierkunge féiert, déi awer och guer net den Numm sozial verdéngen."

Et ass heiansdo interessant, fir esou e Gesetz, wat mer modifiéieren, e bëssen an déi historesch Dimensioun ze setzen, an et huet sech och gewisen, dass trotz allen Unkenrufen deemools dat Gesetz awer eng Partie gutt Auswierkungen hat, well, Här Hoffmann, dat muss ech soen: Dee System, dee mir virun 1977 haten, war awer a muncher Hisiicht relativ minimalistesch. En huet aus Subsides remboursables bestanen, an och aus eenzelne Boursen. Déi Subsides remboursables hu laang net derzou gefouert, dass e wesentlechen Objektiv vun der Enseignementspolitik, nämlech d'Demokratisatioun vun den Etüden, konnt duerchgefouert ginn.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Si sinn oft a Boursen herno ëmgewandelt ginn.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Jo, si sinn oft a Boursen ëmgewandelt ginn, mä si hunn awer, an dat huet och den deemolege Rapporteur, den honorablen Här Regenwetter kloer gesot, net derzou gefouert, dass vill Aarbechterkanner konnten op d'Uni goen, an dofir war et och wichteg, en neie System ze fannen.

Dee System gëtt an dësem Gesetz zum gréissten Deel bäibehalen. E gëtt affinéiert, an et kommen eng Partie technesch Adaptatiounen, déi eis Mme Rapporteur op eng excellent Manéier an exhaustiv duergestallt huet. Ech brauch also net méi am Detail dorop zréckzekommen. Ech wëll just zu eenzelne Problemer eppes soen.

En éischte Problem, deen ech perséinlech bei deem Text nach ëmmer hunn, dee mer an der Kommissioun gestëmmt hunn, ass dee vun der Garantie, déi de Stat sech hëlt, fir de Remboursement vun de Prêts remboursables ze assuréieren.

De Stat huet sech jo en Hiewel ausgeduecht, nämlech d'Recht, fir d'Restitutioun vun der TVA bei dem Bau oder der Transformatioun vun engem Logement ze verlaangen. Ech si perséinlech der Meenung, dass et richteg ass, dass de Stat probéiert, Garantien ze hunn, fir Suen erëmzekréien, déi e virstreckt, mä ech hu meng Zweifelen, ob dat do wäert fonktionéieren, eleng nëmmen aus der Optik vun dem Secret informatique.

Mir brauche jo dofir e relativ groussen Opwand, well mer brauchen emol e Fichier vun all deenen, déi Prêts remboursables kréien, an dat sinn der jo vill, iwwer 4.000 Studenten. Mir brauchen och e Fichier beim Enregistrement, wou déi TVA erëmbezuelt gëtt. Mir mussen déi zwee Fichiere matee verbannen, fir erauszefannen, wien net bezuelt huet a wat mer mat deem Mëttel kënnen huelen. Ech si perséinlech der Meenung, dass dat e Problem ass fir de Secret informatique. Dat ass eng Reserve, déi ech zu deem Projet hunn, wéi en elo virläit. Ech hunn dat och an der Kommissioun ugemellt.

Eng wichteg Innovatioun, keng reng technesch Innovatioun, mä eng wichteg politesch Innovatioun an deem Projet, ass natierlech d'Ausdehnung vun der Finanzhëllef op d'Studië vum drëtte Cycle.

Dat bedeit, datt mer och deen drëtte Cycle wëllen encouragéieren. Dat heescht, dass mer d'Studente wëllen encouragéieren, méi laang studéieren ze goen, och even-

tuell Recherche ze maachen, an dobäi natierlech dee wichtege Punkt, dass de Student vum drëtte Cycle eleng gekuckt gëtt. Während mer fir den éischten an den zweete Cycle de Student kucken am Zesummenhank mat der sozialer a finanzieller Situatioun vu senger Famill, kucke mer beim drëtte Cycle de Student eleng, ouni Relatioun mat der sozialer Situatioun vu senger Famill.

Ech muss soen: Dat ass menger Ansicht no eréischt eng Etapp, well 1977, wann een déi Debatte vun deemools kuckt, ass gesot ginn, dass et ëmmer méi dozou kënnt, dass jonk Leit vun 18, 20, 21 Joer, déi Studië maachen, sech och wëllen onofhängeg am Liewe situéieren, dass ee muss dozou kommen, fir de Student onofhängeg vun der Familljesituatioun ze kucken. Et ass jo och méiglech, dass zum Beispill e Student mat senger Famill net eens gëtt, dass d'Famill net d'accord ass, fir him d'Studien ze finanzéieren, a wann deen da seng Studien awer wëllt maachen, dann huet en no eisem Gesetz keng Méiglechkeet, fir dat duerchzezéien, ausser Primes d'encouragement.

D'Mme Minister seet, dat wier net de Fall. Ech wier frou, wa se eis dat géif am Detail erklären, mä esou, wéi ech den Text liese vum Gesetz, ass et d'Situatioun vum Student an d'Situatioun vu senger Famill, déi ausschlaggebend sinn, plus selbstverständlech d'Frais d'inscription op der Uni, fir d'Héicht vu senger Finanzhëllef ze déterminéieren.

Ech mengen also, dass mer nach méi resolut mussen op de Wee goen, fir och de Student a senger eegener Situatioun, onofhängeg vun der sozialer Situatioun vu senger Famill, ze kucken. Dat ass, mengen ech, an der Evolutioun vun der Gesellschaft.

Ech hunn och an deem Zesummenhank eng Kritik, déi ech schonn ugemellt hunn. Aner Kolleege vu menger Fraktioun hunn dat och scho gemaach. Dat ass, dass bis 1999 Adulten, déi am Aarbechtsprozess waren, konnten op Grond vum Gesetz vun 1977 Finanzhëllefe kréien. Säit 1999 ass dat net méi de Fall, well, sou huet d'Mme Minister an enger Äntwert op eng Fro vum Här Jeannot Krecké gesot, dat net an der Logik vum Gesetz vun 1977 wär.

Ech zitéieren déi Äntwert vun der Mme Minister op déi Fro vum Här Jeannot Krecké, wou se seet, a Bezuch op d'Gesetz vun 1977, "que le nouveau système d'aides financières pour étudiants, tout en maintenant un caractère social en faisant intervenir le revenu des parents et de l'étudiant, vise une meilleure répartition des charges à assurer par les étudiants". Do zitéiert se also d'Viraarbechte vum Gesetz vun 1977, a si zitt dann d'Konklusioun: "Il ressort de ces conclusions que le législateur a eu à coeur d'élaborer une loi destinée à venir en aide aux étudiants financièrement dépendants de leurs parents", wat dann onméiglech géif maachen, dass zum Beispill Adulten, déi Unisstudië weidermaachen, déi iwwer Fernuniversitéiten oder aner Méiglechkeeten, fir à temps partiel Unisstudien ze maachen, géifen dorënner falen.

Etant donné déi Situatioun hunn ech geduecht, et wier net schlecht, wa mer géifen als Chamber eng Motioun stëmmen, fir ebe just dee Problem un d'Regierung erunzedroen. An där Motioun, wou ech dat op franséisch exposéieren, wat ech elo just op lëtzebuergesch gesot hunn, gëtt dann och d'Regierung gefrot, fir Finanzhëllefe fir Adultë virzegesinn, déi Unisstudien oder Etudes supérieures maachen "dans le cadre de l'apprentissage tout au long de la vie". Dat ass jo eng Notioun, déi jiddereen am Mond huet, an dann och, fir déi Méiglechkeeten ze notzen, déi mer am neie Gesetz iwwert d'Finanzhëllefe fir d'Studenten hunn. Dat ass eng Motioun, déi ech heimat wëll erareechen.

Motion 1

La Chambre des Députés

- considérant le projet de loi concernant l'aide financière de l'Etat pour études supérieures;

- considérant le nombre en augmentation constante de personnes adultes insérées dans le monde du travail qui décident de reprendre ou de poursuivre des études supérieures à temps partiel ou à distance;

- considérant que jusqu'en 1999 des prêts avec ou sans charge d'intérêts étaient alloués à ces adultes en fonction de leurs revenus;

- considérant que cette année ces demandeurs se sont vu refuser toute allocation d'aide financière sous prétexte que leur cas n'est pas prévu dans la loi du 8 décembre 1977 concernant l'aide de l'Etat pour études supérieures;

- considérant que Madame la Ministre, dans la réponse à la question parlementaire 276 de Monsieur le Député Jeannot Krecké "convient que, dans le contexte de l'apprentissage tout au long de la vie, il est nécessaire d'envisager des dispositions connexes qui permettraient d'élargir le champ d'application de l'aide financière;

invite le Gouvernement

- à prévoir des aides financières pour les adultes qui poursuivent des études supérieures dans le cadre de l'apprentissage tout au long de la vie;

- à utiliser toutes les possibilités de la nouvelle loi sur l'aide financière de l'Etat pour études supérieures pour venir en aide aux adultes en question.

(s.) Ben Fayot, Mars Di Bartolomeo, Jeannot Krecké, Jos Scheuer, Marc Zanussi.

Schliesslech wëll ech nach soen, dass nieft deene méi techneschen Adaptatiounen an dësem Gesetz selbstverständlech och e politeschen Objektiv ass. Dee politeschen Objektiv ass éischtens emol deeselwechte wéi 1977, fir d'sozio-kulturell Chancëgläichheet vun de Kanner ze assuréieren, dat heescht, och d'Zuel vu Kanner aus deene Milieuen, déi sech vläicht Unisstudien net esou gutt kënne leeschten, eropzedreiwen.

Den zweete politeschen Objektiv ass ganz kloer deen - an dat ass och am Exposé des motifs ugeschnidden -, fir

d'Zuel vun den Unisstudenten zu Lëtzebuerg iwwerhaapt eropzedreiwen.

Et gëtt gesot, et wiere 4.200 Studenten, déi vun den Aides financières elo géife profitéieren, a mir hätten insgesamt, ouni dass mer dat genee kënnen novollzéien, 7.000 Studenten, déi aus Lëtzebuerg op Unie ginn, ze vermellen.

1977 waren et nach 2.171 Studenten insgesamt. Ech weess net, ob déi Zuele stëmmen. Et ass ëmmer ganz schwéier, well mer keen zentrale Regëster hunn, wou déi Studenten alleguer enregistréiert sinn.

D'Mme Hennicot huet an hirem Wäissbuch iwwert den Enseignement supérieur ganz kloer gesot, dass dat eng ongenügend Zuel vu Studenten ass. Déi Constatatioun gëtt och an allen internationale Statisticke corroboréiert.

Fir ofzeschléissen, Här President: Mer kënnen eis net nëmmen als politeschen Objektiv ginn, d'Zuel vun de Studenten, déi an d'Ausland ginn, méi héich ze dreiwen, duerch e System vu Finanzhëllefen. Ech mengen, dass de System vun Aides financières, sou wéi mer dat och beim Gesetz vun 1987 iwwert d'Recherche gemaach hunn, muss agebett ginn an eng Universitéitspolitik, an eng Héichschoulpolitik zu Lëtzebuerg, an ech gesinn dat am Zesummenhank mam Gesetz vun 1987. Mam Gesetz vun 1996 ass dat Gesetz hei vum Joer 2000 fir mech en Element, dat sech doranner muss aglidderen.

Ech sinn och der Meenung, dass mer an deenen nächste Joren nach mussen e Schrëtt weidergoe wéi just e Gesetz vu Finanzhëllefen, wat Leit, déi an d'Ausland studéiere ginn, ënnerstëtzt. Ech menge schonn, dass mer d'Héichschoulpolitik zu Lëtzebuerg mussen entwéckelen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt der Mme Nelly Stein merci soen, als Présidente-rapportrice, fir de komplette Rapport, dee se eis presentéiert huet. D'Gesetz an de Règlement grand-ducal, déi mer an der Kommissioun haten, hunn nämlech fir vill interessant a laang Debatte gesuergt.

Wien hautdësdaags um Aarbechtsmaart Fouss faasse wëllt, muss op eng zolidd Formatioun zréckgräife kënnen, eng Formatioun, déi de spezifeschen Ufuerderungen a Besoine vum Aarbechtsmaart gerecht muss sinn, en Aarbechtsmaart, deen ëmmer méi exigent a spezialiséiert gëtt, mat Patronen, déi ëmmer méi héichqualifizéiert Personal sichen.

Hei zu Lëtzebuerg awer geet nëmmen 1,63% vun der Gesamtbevölkerung op eng Universitéit oder Héichschoul. An den Entreprisë sinn d'Kaderpositioune gréisstendeels vun auslännesche Leit besat. Dat heescht, mir leien am Verglach mat aneren europäesche Länner mat eisen ongefëier 7.000 Studente manifestement ënnert der Moyenne.

Gläichzäiteg schwätze mer vun enger dynamescher Wirtschaft, fir datt och an Zukunft de Standuert Lëtzebuerg näischt u senger Attraktivitéit verléiere soll. Wann dat eis Ambitioune sinn - an ech denken, dat si se -, da läit et jo op der Hand, datt de Stat an en intellektuellt Kapital, dee wierkleche Räichtum vun eisem Land, muss investéieren, fir datt dës Ambitiounen an d'Praxis ëmgesat kënne ginn.

Mir brauche qualifizéiert, spezialiséiert a motivéiert jonk Leit. D'Aufgab vun eisem Stat ass et, dëse jonke Leit déi beschtméiglech Formatioun éischtens ze bidden an zweetens ze erméiglechen. An anere Wierder: De Stat huet d'Obligatioun, déi finanziell Hëllefen ze stellen, fir datt eis Jugend esou einfach wéi méiglech en universitairë Studium ugoe kann.

Ech sinn dofir besonnesch frou, fir am Numm vun der Demokratescher Partei e puer Wuert zum Gesetzprojet iwwert déi staatlech finanziell Hëllefe fir Etudes supérieures ze soen, e Gesetzprojet, deen eis als Demokratesch Partei eminent wichteg erschéngt. Eis Leit vun der DP-Fraktioun hunn dofir keen Asaz a keng Méi gescheit, fir dëse Projet esou matzegestalten, datt hien deene Problemer Rechnung dréit, déi dat aalt Gesetz vun 1977 a seng Modifikatioune vun 1992 net léise konnten.

Dëse Gesetzprojet ass endlech adaptéiert un d'Situatioun um Terrain a respektéiert de Fait, datt déi meeschte Studenten en auslänneschen Diplom hunn. Et war dofir noutwendeg, eis lëtzebuergesch Législatioun un d'Kritäre vun den auslänneschen Héichschoulstudien unzepassen. Mat dësem Gesetzprojet sinn och elo déi Studente considéréiert, déi sech entweder fir e Studium vun zwee Joer oder awer fir méi e praktesch orientéierten Zyklus wéi e Studium à cycle court entscheed hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vun dësem Gesetzesvirschlag ass, all Student dann ze ënnerstëtzen, wann hien et brauch. D'Zil vun dësem Gesetzesvirschlag ass net, déi Studenten, déi net wëssen, wat se solle léieren, oder einfach aus praktesche Grënn emol e puer Joer op der Uni verbréngen, ze bestrofen, mä au contraire se ze responsabiliséieren.

Déi eemoleg Prime d'encouragement no der Réussite vum éischte Zyklus soll dofir och eemoleg bleiwen, fir den Tourisme estudiantin ze verhënneren.

De Student huet duerchaus d'Méiglechkeet, sech a verschiddene Studiumsbranchen ze versichen, mä seng Prime d'encouragement steet him awer nëmmen eng Kéier zou.

Et ass natierlech, wéi de Statsrot och richteg bemierkt huet, net ëmmer einfach, fir en Aussestehenden ze tranchéieren, firwat e Student sech réorientéiert. Mä iergendwou muss et eng Grenz ginn, an ech sinn iwwerzeegt, datt déi responsabel Leit an der Regierung vu Fall zu Fall déi richteg Entscheedung treffe wäerten.

Schliesslech dierfe mer och net vergiessen, dass niewent der Prime d'encouragement och nach meeschtens e Studenteprêt leeft, e Prêt, dee spéiderhi sech accumuléiert a schwéier a laang zréckbezuelt muss ginn, well oft deen néidegen Diplom an déi néideg Aarbechtsplaz fehlen.

Mir freeën eis, datt eisen Amendement iwwert d'Subvention d'intérêt zréckbehale ginn ass. De Stat dréit nämlech eng Partie vum Taux d'intérêt mat, fir dass de Student de Prêt zu engem méi gënschtegen Taux kritt. Ech widderhuelen awer, wéi wichteg et ass, d'Studenten am Viraus ze informéieren, wat de Prêt iwwerhaapt kascht. Ech hoffen, datt d'Ministesch esou séier wéi méiglech eng Informatiounsbroschür wäert preparéieren, fir de Studenten déi Infoe kënnen ze ginn.

De Stat awer huet mat deene jeeweilege Banken en Accord getraff, dee seet, datt hien d'Garantie vun de Prêten iwwerhëlt, wann déi betraffe Leit an der Onméiglechkeet sinn, hir Schold zréckzebezuelen. Wat dat fir Konsequenzen huet, beleeën Zomme wéi 40 Milliounen, déi de Stat zum Beispill 1997 huet missen un d'Banke bezuelen, an 20 Millioune stinn haut nach op. Ech mengen, dat si jo keng Peanuts.

Deen neie Gesetzprojet wäert dës staatlech Garantie zwar net revidéieren, mä e gesäit awer verschidde Modalitéite vir, déi am Fall vu Remboursementsproblemer a Kraaft triede wäerten. De Stat iwwerhëlt déi kontraktéiert Schold zum Beispill, wann de respektive Student verscheed oder Chômeur ass, oder wann e sech an d'Ausland ofgesat huet, ouni eng Adress hei zu Lëtzebuerg ze hannerloossen.

Déi Leit, déi an der Onméiglechkeet sinn, hir Schold ze iwwerhuelen, well d'Liewen hinnen einfach schlecht gewollt huet, sollen trotzdeem net duerch e Studenteprêt nach zousätzlech bestrooft ginn. Et ass dofir virgesinn, entweder de Remboursementsdélai ze verlängeren oder de Remboursement zum Deel oder ganz ze iwwerhuelen. Am leschte Fall ass et natierlech nees um Stat, fir anzegräifen an d'Schold ze iwwerhuelen.

Schliesslech besteet nach eng aner, wann och vläicht net grad déi beschte Méiglechkeet. Am Fall, wou den eemolege Student sech entscheed, en Haus ze bauen, obwuel hie säi Studenteprêt net zréckbezuelt huet, soll d'Restitutioun vun der TVA, déi em jo eigentlech zousteet, an d'Hänn vum Stat falen. Et muss ee sech natierlech d'Fro stellen, ob vill jonk Diploméierter esou séier no hirem Studium à même sinn, fir sech en Haus vu kleng gerechent awer 10 Milliounen ze bauen, wa se hire Studenteprêt emol net zréckbezuelt hunn.

(Interruption)

Op eng aner Manéier soll dëse Gesetzesprojet och virbeugend fir Abüe sinn. Déi Leit, déi an dësen Dossiere mussen tranchéieren, hu mat Sécherheet keng einfach Aufgab.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, trotzdeem, dëse Gesetzesvirschlag soll de Studenten déi néideg finanziell Hëllef stellen an déi belounen, ënner anerem mat der Prime d'encouragement, déi et verdéngen. Well och wann d'Eltere sech, wéi ee sou schéi seet, gutt stinn, heescht dat nach laang net, datt d'Kanner an därselwechter finanzieller Situatioun sinn. Ech fannen et dofir eminent wichteg, datt per Gesetz festgehale gëtt, net nëmmen d'finanziell Situatioun vun den Elteren zréckzebehale fir déi aus dem drëtten Zyklus, mä och a virun allem déi vun de Studenten. Et wier dofir net vu Muttwëll, de Statut vum Étudiant indépendant anzeféieren, well et och Studenten aus dem éischten an zweeten Zyklus gëtt, déi net déi finanziell Ënnerstëtzung kréien, déi ee sech erwaarde kéint.

Déi jonk Leit, déi sech duerch hir Leeschtung besonnesch ervirdinn an dofir en drëtte Zyklus uginn, sollen och besonnesch ënnerstëtzt ginn. Leeschtung soll sech och hei lounen! A wéi gesot, mir hunn e Mangel u Leit an de Chefetagen. Et versteet sech dofir vu sech, datt grad déi Studenten, déi bewisen hunn, datt si capabel sinn, och deementspriechend ënnerstëtzt ginn. Dëse Gesetzesvirschlag gesäit dofir vir, d'finanziell staatlech Hëllef op den drëtten Zyklus ze erweideren, dat ëmsou méi, well wat e Studium méi laang dauert, wat en och mat méi héijen Onkäschte verbonnen ass.

An ech mengen, d'allgemeng Schold vun eise Studenten ass jo beileiwen héich genuch. D'Majoritéit vun de Studenten huet ëmmerhin um Enn vun hire Studien eng Schold vu minimum 800.000 Frang ofzebezuelen. Ee vun deene wichtegste Punkten an dësem Projet ass, datt och Studente vun engem drëtten Zyklus vun deene selwechte finanziellen Hëllefe profitéiere kënne wéi déi Studenten aus dem éischten an zweeten Zyklus.

Iwwert d'Prime d'encouragement wollt ech just nach eng Confirmatioun vun der Mme Minister kréien, obwuel d'Mme Stein schonn driwwer geschwat huet. Am Artikel 12, Paragraph 1 an 2 steet: "La présente loi entre en vigueur le 1er juillet. Les étudiants inscrits à un cycle d'études supérieures au moment de l'entrée en vigueur de la loi, bénificient des dispositions de la loi." Do wollt ech iwwert d'Interpretatioun vum Artikel 12 vum Gesetz vun der Ministesch ang Äntwert kréien op d'Fro, ob e Student, deen am Mee oder am Juni säin Zyklus scho gepackt huet, nach ëmmer d'Qualitéit vum Etudiant inscrit behält.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Et freet ee sech, aus wéi enger Partei dass Dir kommt.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Oh, Här Di Bartolomeo, denkt emol fir d'éischt un Iech!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech denke ganz oft u mech, Här Rippinger. Ech denken net oft un Iech. Ech kann Iech berouegen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Dat gleewen ech och. Ech hunn dat och vill léiwer.

(Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Soll ech dann elo nees ufänken?

Plusieurs voix.- Ah!

(Hilarité)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Et ka jo net sinn, datt e Student, deen elo seng Exame gepackt huet, net vun der Prime d'encouragement kéint profitéieren, an awer een, deen eng zweet Sess elo kritt a se am September, Oktober schreift, vun där Prime profitéieren dierft, well en nom 1. Juli nach d'Qualitéit vum Student huet.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Pacta sunt servanda!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen Text ass och zäitgeméiss, well e sech der Realitéit vun eiser Gesellschaft an, méi spezifesch, där vun de Famille monoparentale bewosst ass.

Déi zolidd juristesch Basis, déi mir an dësem Gesetzesprojet erëmfannen, soll an Zukunft hëllefen, fir et eise Studente sou einfach wéi méiglech ze maachen, e Studium ze féieren. Mä eng festgehale juristesch Basis soll awer och verhënneren, datt et zu onnéidegen Abüe kënnt.

Et muss een och vläicht kucken, ob et mat der Zuel vun de Beamten an deem Service an Zukunft duergeet, well et ass jo e ganz neie Volume de travail, deen op si duerkënnt.

Et ass eiser Regierung wichteg, déi jonk Leit ze motivéieren, an un de Sue soll et net leien.

Une voix.- Ah!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Educatioun a Formatioun si wierklech déi Beräicher, wou d'Regierung net spueren däerf, well et muss an d'Zukunft vun eisem Land investéiert ginn.

Ech soen Iech merci.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir sot schonn, wéi eng vun Äre berühmtene Virgängerinnen: "Den Avenir läit an der Zukunft!"

(Hilarité)

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ären Avenir loung an der Vergaangenheet!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- An Är Vergaangenheet steet Iech ganz schnell bevir!

Plusieurs voix.- Oh, oh!

(Hilarité)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Wann ech d'Wuert däerf ergräifen an deenen eminent interessanten Debatten tëschent deenen zwou Fraktiounen LSAP an DP, da wéilt ech soen,…

(Interruptions)

…datt ech fir d'éischt wëll d'Mme Presidentin a Rapporteur vum Projet félicitéieren…

(Interruptions)

…fir hire kloere schrëftlechen a mëndleche Bericht. Mme Rapporteur, mir wëssen, dass dëse Projet Iech um Häerz läit. Mer stellen als ADR fest, dass d'Gene.ralisatioun vun der Prime d'encouragement e signifikative Leeschtungsuräiz bitt. Mir begréissen och, datt dee Leeschtungsuräiz op den drëtten Zyklus étendéiert ginn ass an domat positiv Akzenter mam Gesetz gesat ginn.

Mä et muss een och festhalen, datt d'Zuel vun den Universitéitsstudenten, déi mer hunn, déi niddregst an Europa ass. Dat muss eis ze denke ginn. Et huet hoffentlech zu engem Deel domat ze dinn, datt finanziell Grënn dofir ausschlaggebend sinn. Et wier also och nozekukken, ob et net nach aner Grënn gëtt, firwat vill jonk Leit deen Uräiz, fir op d'Universitéit ze goen, net fannen. Ech erwaarde mer, Mme Minister, datt d'Regierung higeet an do eng Analys mécht, firwat mer sou en niddrege Prozentsaz un Universitairen hunn. Da kucke mer, fir iwwert eng geziilten Aktioun dee Prozentsaz ze héijen.

Et muss ee soen, dass souguer mat dësem Gesetz verschidde finanziell Hëllefen awer nach an eisem Land fehlen, datt munch Leit, déi hir Kanner wëllen op d'Universitéit schécken, Schwieregkeeten hunn an hésitéieren, fir déi grouss Dépense ze maachen. Well och mat deene Subsiden, déi mer elo héijen, ginn awer eng etlech Fräen net gedeckt.

Mir musse feststellen, dass déi Leit mat méi klengem Revenu elo iwwert de Wee vu Subside gehollef kréien, mä datt alleguer déi Leit mat mëttlerem Akommes keng Hëllefe vum Stat kréien. Et muss een zum Beispill festhalen, datt Leit, déi e mëttlere Revenu hunn a kee Subsid kënne kréien, och net déi Dépensen, wat de Logement, d'Minerval, den Droit d'inscription ugeet, déi sech bei verschiddenen Héichschoulen heiansdo op 500.000, 600.000 Frang belafen, kënne vun de Steieren ofsetzen.

Dat ass e Manktum, an dofir erlaben ech mer, och eng Motioun an deem Sënn eranzebréngen, fir datt déi Fräen an Zukunft kënnen ofgesat ginn.

Augenblécklech ass et zwar méiglech, fir déi Leit, déi hir Kanner net méi an hirem Ménage hunn, fir e Montant vun 139.200 Frang als Abattement pour Charges extraordinaires ugerechent ze kréien. Dat bedéngt awer, datt se deen Ablack d'Steierklass vun 3.1, oder 2 oder 3 - wéivill Kanner et dann ebe sinn - verléieren, respektiv datt se och nach d'Kannergeld verléieren, soudatt ënnert dem Strëch déi meescht Leit léiwer bei där Situatioun bleiwen, datt d'Kanner offiziell am Ménage bleiwen. Dat ass fir ganz vill Elteren e seriöen Handicap, wa se mussen esou Zommen ausginn.

Motion 2

La Chambre des Députés

- considérant que les frais de scolarité et de logement auprès des universités et écoles supérieures ne peuvent jusqu'à présent être déduites du revenu imposable des parents à titre de charges extraordinaires que jusqu'à un plafond de 139.200 Luf qu'à condition de renoncer aux allocations de famille;

- considérant que ces frais atteignent le plus souvent des montants annuels largement supérieurs;

invite le Gouvernement

- à permettre la déductibilité fiscale à titre de charges extraordinaires de tous les frais de scolarité et de logement d'étudiants poursuivant des études supérieures à l'étranger qu'ils fassent partie ou non du ménage des parents.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

Deen zweete Beräich, wou ech bedaueren, dass an dësem Projet de loi näischt geschitt ass, sinn d'Frais de logement. Och do muss ee feststellen, datt am Ausland, nieft de Subsiden, déi d'Studente kréien, notamment a Frankräich, d'Universitéitsstudenten eng Allocation mensuelle de logement kréien. Déi Allocation mensuelle de logement beleeft sech a Frankräich op 6.000 Frang de Mount.

M. le Président.- Frot Dir d'Wuert, Mme Hennicot?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Här President, ech war gewinnt, datt ëmmer Huissieren am Sall waren. Ech misst eppes op d'Tribün droen. Dat ass, wéi et schéngt, net méi de Fall. Dofir hunn ech gewénkt, net wéinst dem Här Henckes.

M. le Président.- Dann ass et an der Rei. Fuert virun, Här Henckes!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Et muss ee festhalen, datt d'Regierung verschidde Studenten e puer Wunnéngen zur Verfügung stellt, mä dat geet beileiwen net duer. Mir mengen och, datt an engem zukünftege Projet de loi d'Regierung misst d'Méiglechkeet schafen, fir eng Allocation mensuelle fir d'Studente virzegesinn. An deem Sënn gi mer och nach eng Motioun eran.

Motion 3

La Chambre des Députés

- considérant que certains pays européens octroient à leurs étudiants à côté des subsides des aides au logement;

- considérant qu'il est dans l'intérêt de notre pays d'encourager les jeunes à poursuivre des études supérieures et universitaires;

- considérant que les frais de logement constituent dans de nombreuses villes universitaires une part importante du coût de vie de l'étudiant;

invite le Gouvernement

- à élaborer un projet de loi permettant d'accorder aux étudiants poursuivant leurs études supérieures à l'étranger une allocation de logement mensuelle.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

Deen drëtte Punkt betrëfft d'Gesetz selwer. Sou wéi d'Gesetz elo virläit, hu mir kee Problem, fir deen Text en tant que tel ze stëmmen - mir bréngen och dofir keen Amendement an -, nach hu mir eng Schwieregkeet mat der Definitioun vum Cycle d'études. Dat ass eng Affär vun Ausleeung a Praxis, wéi een dat gesäit.

Bis elo ass d'Praxis déi gewiescht, datt de Ministère d'Definitioun ugeholl huet vum Cycle d'études, deen an deem jeeweilege Land a fir déi jeeweileg Studië gegollen huet. Dat féiert zu Ongerechtegkeeten ënnert de Studenten. Beispillsweis muss een, fir e Professorat ze maachen, a Frankräich véier Joer Uni hunn, dat heescht zwee Cyclë vun zwee Joer. Wann een awer elo an England geet, da kritt een deeselwechten Diplom mat därselwechter Reconnaissance no dräi Joer. Mä a Frankräich kritt de Student zwou Primes d'encouragement ausbezuelt, wann en an England geet, nëmmen eng.

Mir mengen dofir, dass d'Ausleeung vum Cycle d'études misst hei no lëtzebuergesche Kritäre geschéien, datt zum Beispill an England no dräi Semesteren eng Prime d'encouragement misst ausbezuelt ginn, wat deen Ableck déi Studenten, déi an England ginn, an déi, déi a Frankräich oder an der Belsch sinn, op e Pied d'égalité géif stellen.

Datselwecht hu mer bei de Medezinstudenten. Si kréien, wann een déi franséisch Gesetzgebung vun de Cylces d'études iwwerhëlt, innerhalb vu siwe Joer Studien zwou Primes d'encouragement ausbezuelt. Mir mengen, datt dat ongerecht wier vis-à-vis vun deenen, déi en Diplom och an zwee Cyclë kréien, mä no véier Joer. Dofir si mer der Meenung, datt bei Medezinstudien de Cycle d'études och no zwee Jor soll gëllen, wat dozou géif féieren, datt e Medezinstudent a Frankräich dräi Primes d'encouragement iwwert déi siwe Jore géif kréien, statt, wéi bis elo, nuren zwou.

Deen anere wichtege Punkt, deen hei an der Debatt stoung, ass, fir géint den Tourisme étudiant virzegoen. Ech mengen, mam Prinzip kann een d'accord sinn, mä och do géif ech Iech bieden, mat grousser Virsiicht un déi Ausleeungen do erunzegoen. Firwat? Well an deenen eenzelne Länner eng aner Politique universitaire en matière vu Scolaritéit gemaach gëtt.

Zum Beispill ass et a Frankräich sou, datt während där ganzer Zäit wéineg Selektioun ënnert de Studente gemaach gëtt, datt d'Selektioun sech herno méi iwwert d'Concours d'entrée um Aarbechtsmaart mécht, währenddeems an Däitschland beispillsweis - bei den

Ingenieure speziell - d'Selektioun scho während de Schouljore gemaach gëtt, an dat op eng ganz sec Aart a Weis. Och do, mengen ech, misst déi Kommissioun, déi dat analyséiert, no deenen eenzelne Länner a Studië kukken, wa se dee Kritär vum Tourisme étudiant wéilt op eng negativ Aart a Weis fir de Student uwenden.

Wat d'Notioun ugeet vun de Cycles d'études, Mme Minister, erlabe mer eis, och an enger Motioun, d'Regierung opzefuerderen, fir déi Notioun no lëtzebuergesche Kritären ze interpretéieren an net einfach d'Kritären aus dem Ausland ze iwwerhuelen, well dat géif zu Ongerechtegkeete bei de Studente féieren. Ech wëll och drop hiweisen, datt dat hei och eng Fuerderung ass, déi vu verschiddene Studentenassociatioune gemaach gëtt. Mir mengen, datt hir Fuerderungen an dësem Sënn, wéi mer et och an der Motioun soen, berechtegt wieren.

Ech hoffen och, datt weder vu Säite vun der Regierung nach vun der Presidentin vun der Erzéiungskommissioun Objektioune wäerte kommen. Mir wieren awer och bereet, wann dat gewënscht gëtt, dës Motioun nach eng Kéier an der zoustänneger Kommissioun mat der Regierung an deenen anere Membere vun der Kommissioun ze diskutéieren.

Motion 4

La Chambre des Députés

- considérant que la durée des cycles d'études varie en fonction de la nature des études et des pays;

- considérant que dans certains pays, dont l'Allemagne, et pour certaines études la durée normale des études est systématiquement dépassée d'une à deux années;

- considérant que dans certains pays, dont la Grande-Bretagne, et dans des Hautes Ecoles de renommée mondiale, des études similaires que ceux se pratiquant en France et en Belgique en quatre années se font en seulement trois années;

- considérant que selon le texte de la loi votée les étudiants accomplissant des études universitaires en trois années n'auront droit qu'à une seule prime d'encouragement au terme de leurs études et que les étudiants en médecine qui ont des cycles de trois respectivement de quatre années ne bénéficieront qu'à deux reprises des primes d'encouragement pour des études qui se répartissent sur sept ans;

- considérant qu'il est nécessaire de veiller à l'equité financière entre les étudiants;

invite le Gouvernement

- à appliquer la présente loi de sorte à adopter une définition proprement luxembourgeoise du terme "cycle d'études" en retetnant pour les Hautes Ecoles et le Royaume-Uni l'équivalent de trois semestres pour un cycle et retenant pour les autres études, notamment médicales, des cycles de deux années;

- à faire élaborer par la commission consultative instituée une note annuelle sur l'interprétation et l'application de la présente loi tenant compte de l'évolution des divers systèmes d'enseignement supérieur.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

M. le Président.- D'Mme Nelly Stein freet d'Wuert.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapporteur.-* Ech wéilt dem Här Henckes eng Fro stellen.

Den Här Henckes huet léif an interessant Propose gemaach, mä ech wollt hie froen, firwat hien ni an d'Kommissioun komm ass, fir do seng Proposen ze maachen a seng Iddie virzebréngen. Do hätt hie scho kënnen eng Äntwert kréien, anstatt dass hien elo alles hei am Plenum virbréngt. Dat ass eng total nei Prozedur, déi den Här Henckes elo hei uwend. Ech wollt hie just froen, firwat dat esou wier.

Une voix.- Très bien!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Ech kann direkt dorop äntweren.

Éischtens sinn ech guer net Member vun där Kommissioun.

(Interruptions)

Dat Zweet ass, datt ech geduecht hunn,…

Mme Nelly Stein *(CSV), rapporteur.-* Dir sollt awer ersetzen, Här Henckes!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Jo, mä…

Mme Nelly Stein *(CSV), rapporteur.-* Et war awer keen do vum ADR!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* …ech mengen, et ass esou, datt een an den Diskussioune gemierkt huet, datt verschidde Problemer waren, a mir hunn an eiser Fraktioun gekuckt, wéi mer kéinten eng adequat Reaktioun fannen, an déi adequat Reaktioun ass hei an der Chamber, am Plenum ze fannen.

Vu datt et jo keng Gesetzesännerung ass um Text - mir wollten de Projet net weider ophalen -, menge mer, datt kann iwwert déi Ausleeungsbestëmmung, wéi mir se virschloen, virum Vote vum Gesetz diskutéiert ginn, mä et ka grad sou gutt nom Vote vum Gesetz stattfannen. Dat changéiert näischt um Fong.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Robert Garcia.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapporteur.-* Ech fannen dat schlëmm!

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu gëschter hei e Reglement gestëmmt, wou mer opgefuerdert ginn, manner ze schwätzen an dofir méi ze verdéngen. Obwuel dat

Reglement eréischt am Juni a Kraaft trëtt, wäert ech mech elo schonn drun halen.

(Hilarité)

Ech fannen et effektiv superfétatoire, wann een als Sechsten nach eng Kéier déiselwecht Steng un d'Rulle bréngt, déi d'Mme Stein hei schonn excellent un d'Rulle bruecht huet. Ech wëll hir dofir merci soen, dass se eigentlech alles gesot huet zu deem iwweraus excellente Gesetz, dat mir och wäerte stëmmen.

Ech kéint elo natierlech nach wäit aushuelen an allgemeng zur Héichschoulpolitik schwätzen, mä ech referéiere mech do op d'Interpellatioun vum Kolleeg Ben Fayot. Dat wäert jo hoffentlech nach dëst Joer iwwert d'Bühn goen, dass mer kënnen "in profundis" an "de profundis" iwwert déi Matière diskutéieren.

Ech wëll just déi Remarque maachen, dass effektiv déi méi strikt oder méi large Ausleeung vun deem sougenanntene Studententourismus e Problem ass, deen och deen eenzegen ass, deen opgeworf ginn ass vun de representativen Organisatiounen, deen awer sécherlech an de Reglementer genuch Spillraum fënnt, fir op eng adequat Manéier regléiert ze ginn.

Wéi gesot, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun, wëll awer nach e klenge Pefferkär bäileeën zu engem Thema, dat mech a 40% vu menger Fraktioun, well se dat scho matgemaach hunn, speziell interesséiert, wou och den Här Fayot eng Motioun deponéiert huet, déi sech e bëssche vu menger, déi ech wäert deponéieren, ënnerscheed, an dat ass den Enseignement à distance, d'Fernstudien, déi hei zu Lëtzebuerg relativ ënnerrepresentéiert sinn.

Wann ech eng Äntwert, déi d'Mme Minister mir de 16. Februar op eng Question parlementaire ginn huet, liesen, da fannen ech, dass am akademesche Joer 1998-1999 nëmme 24 Studenten a Studentinnen op der Open Universitiy an nëmmen zwou Studentinnen op der Fernuniversitéit vun Hagen ageschriwwe waren. Dat schéngt mer relativ wéineg, well wann een déi potenziell Clientèle vu sou Fernstudië kuckt, da muss ee vläicht ënnerscheeden tëschent deenen, déi elo en Initialstudium ufänken, well se en anert net kënne maachen - dat sinn haaptsächlech kierperlech behënnert Leit -, an déi zweet Kategorie vu Leit sinn déi, déi schonn entweder e Studium hunn an e weidert wëlle maachen, oder kee Studium hunn a sech e bëssche méi spéit entscheeden, fir niewent hirem Beruff sou e Studium ze maachen.

Ech hu mer an der Äntwert op déi Question parlementaire soe gelooss, dass effektiv iwwert dat heite Gesetz déi Problematik net ka regléiert ginn, well déi sech effektiv vun de Besoins financiers och wesentlech ënnerscheed, haaptsächlech well déi Leit net mussen an d'Ausland goen an do Dépensen hunn. Do stellt sech de Problem vläicht éischter am Beräich vum Congé d'éducation, dee se dofir beanspruchen, quitte datt eng Partie vun deene Leit och kéinte Boursë beanspruchen.

Ech liesen zum Schluss vun där Äntwert op déi Question parlementaire dee Saz: "Par ailleurs, dans une étape ultérieure, il conviendra de doter le secteur de l'enseignement à distance d'une réglementation y afférente et de fixer les critères pour l'attribution de bourses d'études pour un enseignement à distance."

Ech hunn dee leschte Saz als Grondstee geholl fir eng Motioun, déi effektiv d'Regierung dann nach eng Kéier nodréiglech opfuerdert, an de beschten Délaien Aarbechten unzefänken, fir den Enseignement à distance net nëmme finanziell, mä och strukturell ze regléieren.

Ech soen Iech merci.

Motion 5

La Chambre des Députés

- saluant le vote du projet de loi concernant l'aide financière de l'Etat pour études supérieures;

- constatant qu'en dehors des parcours d'études continues le domaine des études à distance a tendance à se développer;

- constatant que les étudiant(e)s inscrit(e)s dans l'enseignement supérieur à distance ne sont pas concerné(e)s par la loi citée;

- soucieuse que les personnes engagées dans des études supérieures à distance puissent bénéficier, en cas de nécessité économique, de subsides et de bourses de la part de l'Etat suivant des modalités spécifiques;

- saluant l'intention du ministère de "doter le secteur de l'enseignement à distance d'une réglementation y afférente et de fixer les critères pour l'attribution de bourses d'études pour un enseignement à distance";

invite le Gouvernement

- à entamer dans les meilleurs délais des travaux en vue de réglementer le secteur de l'enseignement à distance, et notamment de fixer les critères d'attribution de bourses d'études.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Den Här Hoffmann huet d'Wuert.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Här President, et gëtt awer net grad sou kuerz wéi beim Här Garcia, mä bal.

Mäin Noper hei an der Chamber huet mer elo sou e schéint chinesescht Spréchwuert gesot, dat ech Iech net kann erspueren: Wann s De fir ee Joer plangs, da planz Räis, wann s De fir ee Jorzéngt plangs, da planz Beem, a wann s De fir ee Jorhonnert plangs, da suerg fir Bildung an Ausbildung vun Denger Bevölkerung.

Une voix.- Wie war dat?

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Et ass e chinesescht Spréchwuert.

Une voix.- Wien?

(Interruptions)

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Ah! Den Noper heibannen.

(Interruptions et hilarité)

En aalt chinesescht Spréchwuert, Här Lux.

Wat domat sollt gesot ginn, ass, dass d'Bildungsfro eng vun de grousse Prioritéiten hei zu Lëtzebuerg muss sinn.

Am Rapport vun der Kommissioun gëtt déi Modificatioun vum Gesetz iwwert d'Studiëbäihëllefen haaptsächlech domat begrënnt, dass do steet, obwuel dass scho relativ generéis Efforen an der Vergaangenheet gemaach gi wären, wär d'Zuel vun de Lëtzebuerger oder deenen, déi hei zu Lëtzebuerg residéieren an Héichschoulstudië maachen, "insuffisant par rapport à l'étranger". Doraus gëtt dann ofgeleet, dass d'Studiëbäihëllefe sollen erhéicht, respektiv verbessert ginn. Ech sinn domat och d'accord.

Allerdéngs, wann een d'Fro opwerft vun der Zuel vun den Héichschoulstudenten hei zu Lëtzebuerg, da werft een déi global Fro op vun der Demokratiséierung vun eisem Bildungssystem, an déi fänkt net eréischt un no Première, mä virdrun. Domat ass natierlech d'Fro vun der Chancëgläichheet opgeworf, an dat huet net nëmmen eppes mat Suen, respektiv finanziellen Ënnerstëtzungen ze dinn, och wann dat ganz wichteg ass.

Dat heescht, wann een déi Fro vun der Demokratiséierung vun eisem Bildungssystem ënnersicht a kuckt, wéi déi sech och um Niveau vun den Héichschoulen ausdréckt, da muss een d'Struktur vun eiser Bevölkerung ënnersichen a kucken, wéi déi sech dann och um Niveau vun den Héichschoulen erëmspigelt oder net.

Fréier hate mir sou Zuele wéi déi hei zur Verfügung duerch d'Statistiken: Op den Unie manner wéi 10% Kanner aus Aarbechterkreesser, obwuel d'Aarbechter méi wéi 50% vun der Bevölkerung ausgemaach hunn. Dat ass d'Fro vun der Demokratiséierung, dat heescht, ëmgedréit, vun engem am Fong geholl nach net genuch demokratesche Schoulsystem. Haut hu mer keng, oder ech jiddefalls hu keng Zuele méi zur Verfügung, well menges Wëssens no déi do Zorte vu Statistiken net méi ausgeschafft oder jiddefalls net méi publizéiert ginn.

Ech kann awer net dervun ausgoen, dass dat do sech wesentlech verbessert hätt, an dofir sinn ech och e bëssche skeptesch par rapport zum Här Fayot senger Behaaptung, dat Gesetz vun 1977 hätt zu enger Demokratiséierung bäigedroen um Niveau vun den Héichschoulstudien, well ech kann dat net iwwerpréifen.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Et sollt!

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Et sollt, awer ob et an der Praxis derzou bäigedroen huet, dat misst een, wéi gesot, nach iwwerpréifen, an ech sinn do äusserst skeptesch.

Déi Zuelerapporen, déi ech elo genannt hunn, sinn der aus de 60er, 70er Joren. Wann een eis Bevölkerungsstruktur haut kuckt, dann huet sech dat an deem Sënn nach gewëssermoosse verschlechtert, well den Undeel vun den Auslännerkanner entre-temps vill méi grouss ginn ass an déi méiglecherweis nach méi Schwieregkeeten hu wéi fréier déi Lëtzebuerger Aarbechterkanner, well se net nëmmen duerch sozial Problemer ënner Ëmstänn doru gehënnert ginn, fir Studien ze maachen, mä well bei deenen och nach de Sproocheproblem, de kulturelle Problem a sou weider derbäi kënnt.

Doriwwer schwätze mer net genuch! Mir schwätzen net genuch iwwert d'Demokratiséierung vun der Schoul aus soziale Considératiounen eraus. Wéivill Prozent Kanner aus der Escher Brillschoul, aus der Uewerkuerer Peschkopp oder vun de Garer Schoulen an der Stad ginn op d'Uni? Ech kennen déi Zuelen net, ech sinn awer iwwerzeegt, dass et der ganz, ganz wéineg sinn. Ech mengen och, dass mer dee Problem do net eleng geléist kréien, doduerch dass mer d'Studiëbäihëllefen um Niveau vun den Héichschoulen erhéijen, respektiv verbesseren, obwuel ech, wéi gesot, domat d'accord sinn.

Et gouf emol fréier, wat déi Studiëbäihëllefe betrëfft, Fuerderungen, virun allem vun de Studentenorganisatiounen, fir e Prêt-salaire fir all d'Studenten. Dir kennt déi Fuerderunge wahrscheinlech nach, jiddefalls déi vu menger Generatioun. Et gouf an den 90er Jore vu Studentenorganisatiounen d'Fuerderung - an dat ass am Fong geholl ähnlech wéi dee Prêt-salaire -, all Student sollt e Grondakommes kréien an Héicht vum RMG, mat der Begrënnung, dass si jo eigentlech déiselwecht Grondbedürfnisser hu wéi jidfereen. Deen RMG sollt awer net gebonne sinn u sozial Kritären.

Ech muss soen, dass ech vis-à-vis vun deene Fuerderungen allerdéngs och ëmmer meng Bedenken hat, an och haut nach hunn, well ech der Meenung sinn, dass se soziale Considératiounen och net Rechnung droen, a well ech och der Meenung sinn, dass Elteren, déi sech et kënne leeschten, och finanziell sollen derzou bäidroen, dass hir Kanner Studië maachen op der Universitéit. Ech sinn also och d'accord, dass een do sozial Differenzéierunge mécht, sou wéi dat an eisem System virgesinn ass.

Ech wëll nach eng Kéier ganz kuerz op déi Fro vun der Universitéit zu Lëtzebuerg kommen. Dat fänkt un, sou e bësschen e Steckenpferd vu mir ze ginn. Et ass mat Sécherheet esou, dass virun allem Kanner aus méi schwaache soziale Milieuen awer och duerch déi Perspektiv, dass, wa se Héichschoulstudië maachen, se da mussen an d'Ausland goen, ofgeschreckt ginn, respektiv hir Elteren, well dat jo awer méi Käschte mat sech bréngt, wéi wa se hei zu Lëtzebuerg op enger Universitéit - an da mengen ech ëmmer eng Universitéit, och mat deenen ënneschte Cyclen - kéinte studéieren.

Dat ass ee vun de Grënn, firwat ech fir eng Uni zu Lëtzebuerg plaidéieren, allerdéngs net deen eenzegen. Ech war jo elo viru kuerzem beim Etat de la Nation dorop zréckkomm. Ech wëll dofir och kuerz dem Här Wiseler äntweren: Ech plaidéieren net derfir, dass eis Studenten net méi an d'Ausland ginn. Ech wollt just dat mat de Beispiller Tréier a Stroossbuerg e bëssche relativéieren, wat dee groussen Horizont betrëfft.

Ech sinn der Meenung, dass eis Studente sollen am Ausland studéieren, mä ech mengen awer, dass grad am Kader vun den europäeschen Netzer, déi den Här Wiseler selwer genannt huet, dat absolut méiglech ass, an ënner Ëmstänn souguer ganz gutt organiséierbar, och dann, wa mir zu Lëtzebuerg Universitéitsfakultéiten hunn, och vun deenen ënneschte Cyclen. Am Kader vun europäeschen Netzer kann een duerchaus organiséieren, dass do eng Verbindung ass, dass och do eis Lëtzebuerger Studenten net nëmmen zu Lëtzebuerg ëmmer sëtze bleiwen, mä och an d'Ausland ginn. Mir hunn awer dee Virdeel, dass mer - wéi ech dat beim Etat de la Nation gesot hunn - de wëssenschaftlechen a kulturelle Wand aus dem Ausland och op méi eng direkt Aart a Weis op Lëtzebuerg huelen.

Ech hu bei där Diskussioun iwwert d'Gesetz, dat mer gëschter diskutéiert hunn, gesot, ech hätt verschidden Avie vermësst. Ech hunn och hei an eiser Dokumentatioun verschidden Avie vermësst. Ech froe mech, firwat dass bei sou enger Fro, déi e sozialen Impakt huet, net och d'Chambre du Travail oder d'Chambre des Employés gefrot ginn. Ech mengen, dass déi och do Iwwerleeungen ze ënnerbreeden hätten, déi derwäert wären, gekuckt ze ginn. Ech bedaueren et och, dass - jiddefalls an deenen offiziellen, déi mir zougestallt kritt hunn - och keng Avie vun de Studentenorganisatioune selwer ze fanne waren. Déi huet ee sech dann an hir eege Publikatioune misse siche goen. Ech fannen awer, dass déi och kéinten a sou Rapporen zur Verfügung gestallt ginn.

Et sinn an deem Gesetz, dat mer elo virun eis leien hunn, eng Rei vu Verbesserunge par rapport zu deem Gesetz, wéi et virdru bestanen huet. Déi éischt Fassung, déi d'Regierung virgeluegt hat, ass och nach wesentlech an der Kommissioun verbessert ginn.

Dat ass elo esou oft opgezielt ginn, datt ech dat bal net méi bräicht ze widderhuelen.

Ech wëll awer e puer Saache soen, wou ech fannen, datt se besonnesch wichteg sinn. Déi Geschicht vum 3e Cycle ass wichteg. Déi Ausdehnung op net-communautaire Studenten ass fir mech och ganz wichteg, grad esou wéi op d'politesch Flüchtlingen; och déi net-communautaire. Mir ware virdrun an där paradoxaler an och ongerechter Situatioun, datt zum Beispill Kanner aus capverdianesche Familljen - och wa se laang hei zu Lëtzebuerg gelieft hunn - eigentlech no deene strikte restriktive Bedingunge vun deem Gesetz virdrun, keng Aide pour études supérieures konnte kréien. Dat ass jo absolut anormal gewiescht.

Ech begréissen och, datt dee Coefficient familial elo op 1,75 fir jidderee gemaach ginn ass. Virdru war et esou, datt do 0,85 pro Elterendeel stung. Dat bedeit eng Benodeelegung vun de Familles monoparentales. Ech mengen, datt d'Familles monoparentales datselwecht zegutt hätten, fir net ze soen, souguer méi, well déi ganz oft an enger sozial méi schwiereger Situatioun sinn, wéi d'Famillje wou zwee Partner zesumme sinn.

Wat ech och begréissen - an dat ass och an der Kommissioun als Verbesserung geschitt -, ass datt bei Studenten, déi eng Charge de famille hunn, net ënnerscheet gëtt tëschent deenen déi bestuet sinn an deenen déi net bestuet sinn. Ech mengen, datt dat Differenzéierunge sinn, déi iwwerholl sinn. Dat sinn Differenzéierungen, déi net méi zäitgemäss sinn an déi een och an esou Gesetzer net méi berücksichtege soll.

Ech hat d'Zäit net méi fir dat nozerechnen, mä et wär awer wichteg ze wëssen, wéi dat Gesetz hei sech a konkrete Situatiounen auswierkt. Et wär interessant - wann net haut, da méi spéit - fir vläicht an der Kommissioun Beispiller virgeluegt ze kréien. Beispiller, fir ze gesinn, mat wéi engem Akommen a wéi enger sozialer Situatioun dee betreffende Student de volle Maximum iwwert d'Bourse kritt, dat heescht, ouni datt en op e Prêt brauch zréckzegräifen.

Dat ergëtt sech net aus dem Gesetz. Dat ergëtt sech aus dem Règlement grand-ducal. Mä wéi gesot, dat hunn ech net nogerechent. Och an deenen Erklärungen, déi mir haut hei vun der Madame Rapportrice kritt hunn, ware keng där Beispiller dran. Déi sinn awer wichteg, fir datt een de sozialen Impakt wierklech berechne kann.

Ech sinn och der Meenung, datt déi wierklech Liewenskäschte vun de Studenten ëmmer erëm mussen iwwerpréift ginn. Ech kann net iwwerpréifen, ob déi Zomm, déi hei drasteet, als Maximum deene wierklech entsprécht. Ech hunn iwwerhaapt meng Bedenken, ob een iwwerhaapt een eenzege Maximum do kann drasetzen, well d'Liewenskäschte sinn ënnerschiddlech, jee no Land oder Stad, esou datt ech mech froen, ob een dat net misst differenzéieren.

Am Ausland gëtt et Rapporen iwwert d'sozial Lag vun de Studenten an iwwer hire Bedarf. Ech weess net wéi wäit et déi zu Lëtzebuerg gëtt. Wann et déi net gëtt, da wär et dréngend fir esou Untersuchungen ze maachen, fir wierklech de reale Käschte Rechnung ze droen.

Dann hunn ech och meng Bedenken, ob et duergeet, wann een dee Bedarf do nëmmen nom Lëtzebuerger Index héichrechent. Geet dat wierklech duer fir der realer Entwécklung vun de Käschten an deene verschiddenen anere Länner Rechnung ze droen? Ech stelle mir d'Fro, ob een do net misst aner Parameter virgesinn, wéi zum Beispill d'Evolutioun vun de Wunnéngskäschten a verschiddene Länner, fir wierklech der Evolutioun Rechnung ze droen.

Eppes Ähnleches gëllt och fir d'Studienzäiten. Mir setzen do eng relativ strikt an och restriktiv Bestëmmung an, andeems mir d'Regelstudienzäite plus ee Joer festhalen. Et däerf een ee Joer dobäisetzen, ouni seng Studiëbäihëllefen ze verléieren. Ech mengen, datt ee sech

do awer och misst froen, wéi déi real an duerchschnëttlech Studienzäite sinn. Well dat hänkt net onbedéngt nëmme vum gudde Wëllen, vun der Motivatioun oder vum Kënne vum Student of, mä dat kann och dovun ofhänken, wéi eng Universitéit funktionéiert a wéi d'Bedingungen op der Universitéit sinn.

Esou datt ech awer mengen, datt et méi richteg a gerecht wär, fir déi duerchschnëttlech Studienzäiten ze berechnen, amplaz do esou eng restriktiv an administrativ fixéiert Regelstudienzäit festzehalen, wou een - wann een déi iwwerschratt huet - keng Studiëbäihëllef méi zegutt hätt.

Dat Gesetz ass awer fir mech - och wann Imperfektiounen dra sinn - gutt genuch, fir datt ech et ka stëmmen.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Ministesch fir Héichschoulstudien, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Äert Reglement huet virgesinn, datt d'Regierung net méi esou laang schwätzen däerf. Ech géif dofir och wëlle meng Interventioun kuerz maachen. Mir hunn zwar d'Paien net gehéicht kritt, mä mir halen eis awer un d'Reglementer vun der Chamber.

Virun allem soen ech der Kommissioun vun der Chamber merci, datt si esou eng gutt Aarbecht gemaach huet. Ech soen och der Mme Stein merci, well si sech esou dofir agesat huet, fir datt mir dëse Projet elo kënne stëmmen. Mir kënnen domat seng Mise en vigueur op den éischte Juli fixéieren. Mir kënnen esou deene Studenten, déi mat hire Studien amgaange sinn, de Benefiss vun dësem Gesetz ginn.

Et ass selbstverständlech, datt mir hei net dolaanscht kommen, fir och en Iwwerbléck ze maachen, wat de weideren Ausbau vun den Héichschoulstudien an iwwerhaapt eis Héichschoulpolitik hei zu Lëtzebuerg ugeet. Mir hunn de Livre blanc virgestallt. Ech denken, datt mir bei der Geleeënheet vun där Interpellatioun, déi den Här Fayot ugefrot huet, kënnen eng länger Diskussioun iwwert dat Wäissbuch do féieren. Domat wäerte mir och eng interessant Diskussioun iwwert den Entwécklungsplang kréien, deen d'Regierung do virgesinn huet.

Wat am Zesummenhank mam Gesetz vun haut besonnesch wichteg ass, ass datt mir an den nächste Jore wäerte mat enger Mondialisatioun a mat enger staarker Modifikatioun vun der Héichschoullandschaft konfrontéiert ginn, esou datt et onbedéngt noutwendeg ass, datt eist Lëtzebuerger Land ëmmer observéiert, wat d'Mouvementer am Ausland sinn. Mir mussen eis an deem europäesche Kader esou bewegen, datt mir herno och kënne mathalen.

Mir wäerten och net dolaanscht kommen, fir eis Infrastrukturen auszebauen. Mir musse Wunnraum fir Studenten a Chercheuren opbauen an eis fir d'Schafe vun enger Zone d'activité universitaire mat allem wat dozou gehéiert asetzen. Dat betrëfft den Enseignement supérieur, combinéiert mat der Recherche a combinéiert mat der Kreatioun vun neie Betriber, sougenannt Pépinières d'entreprises, déi mir op d'Been setze mussen.

De Projet de loi gesäit eng Modifikatioun vir, wat d'Strukturen an d'Definitioun vun den Héichschoulstudien ugeet. Et ass selbstverständlech esou, datt mir bei deem Plan de développement, deen am Wäissbuch virgesinn ass, och nach den ISERP an den IEES an de Kader vum Héichschoulgesetz vun 1996 wäerten ophuelen. Si sinn awer elo schonn als vollberechtegt Etudes supérieures an dësem Projet virgesinn, grad esou wéi d'Formatioun vun engem BTS.

Et gëtt och eng Erneierung, wat den drëtten Zyklus ugeet. Op dee kënne mir ganz besonnesch eis Recherchepolitik opbauen.

Wa mir iwwert d'Zuele schwätzen, da ginn déi jo eigentlech e kloert Bild of. Den Här Fayot huet zitéiert, wat 1977 gesot ginn ass. Do waren 2.271 Héichschoulstudenten ënnerwee. Mir hunn der an eisem Wäissbuch ganz genau 4.243, déi vun den Aides financières profitéieren. Et ginn awer och Studenten - déi genau Zuel kenne mir net -, déi op d'Uni ginn, ouni vun den Aides financières ze profitéieren. Déi hu mir natierlech net an eisem Fichier dran. Déi kommen nach do dobäi, sou datt eis Schätzung op 7.000 läit.

Dat si 7.000 Lëtzebuerger, déi entweder hei am Land oder am Ausland an universitäre Studien dra sinn. Wann ech dat op 1977 zréckrechnen, da muss ech soen, datt dës Zuel sech méi wéi verduebelt huet. Do gesäit een eng Entwécklung, déi ganz bestëmmt mam professionnellen Environnement ze dinn huet, mä déi awer och mam Gesetz vun den Aides financières, esou wéi et 1977 geschafe ginn ass a wéi et 1992 nach verbessert ginn ass, ze dinn huet.

Well ech gleewen dat, wat an deem Rapport vun den Transferts sociaux opgefouert a bewisen ass. Et ass aus soziale Grënn de Leit hei net verwiert, op d'Universitéit ze goen, wa se an de Benefiss vun dësem Gesetz kommen a wa se vun deenen Aidën, déi si do kréien, Gebrauch maachen.

Et ass evident, datt mir eise Prozentsaz mussen eropsetzen, an datt mir méi Leit mussen op d'Uni kréien. Firwat gi se net? Ech menge mir sinn do an enger Situatioun, wou mir nëmme kënne mat Sensibiliséierung reagéieren. Mir hu selbstverständlech all Moyenen agesat.

Mir wäerten och dës Kéier am Hierscht eng nei Foire de l'étudiant presentéieren a mir wäerten och nach eng verbessert Orientatioun maachen. Mir wëlle méi Opklärung vun 3e u maachen, wou jo elo schonn deelweis d'Weiche gestallt ginn, fir déi professionnell Bunn, déi de Student spéider hëlt. Mir kënnen do awer net mat Zwang operéieren. Mir mussen et jidderengem iwwerloossen.

Ech wëll awer och dobäi soen, datt eng Zuel am Wäissbuch remarkabel ass, well déi gëtt Opschloss

iwwer Studenten, déi mir z.B. op portugiseschen Universitéiten hunn. Dat sinn der mëttlerweil 24, dat heescht mir hunn d'Vermutung, datt awer och déi portugisesch Kanner mëttlerweil an den Héichschoulstudium eraginn, an zwar net nëmmen an hiert Heemechtsland, mä och a villen anere Länner.

De momentane System vun eisen Aides financières soll een awer och mol mat deem vergläichen, wat am Ausland besteet. Mir hunn op där enger Säit en Deel Bourse non remboursable a mir hunn op där anerer Säit en Deel Prêt, wou de Student censéiert ass déi Suen, wann e bis Geld verdéngt, zréckzebezuelen.

Mir hunn dann eng Proportioun vun deenen zwee Elementer - Bourse a Prêt -, déi ofhängeg ass vun der sozialer Situatioun vun den Elteren oder vum Student selwer. Do hat den Här Hoffmann eng Fro gestallt, wéi d'Applikatioun vun deem Règlement bei der Part "Bourse" an bei der Part "Prêt" wär. Fir de Moment steet an deem jetzege Reglement dran, datt déi Part "Bourse" 50% net iwwerschreide kann. Wann d'Kommissioun an där Richtung eppes wëllt änneren, da solle mir bei der Neifaassung vum Reglement och eng Kéier doriwwer schwätzen.

De Student kann also op déi staatlech Hëllefen zréckgräife fir säi kompletten Zyklus plus ee Joer. Déi grouss Diskussioun ass natierlech déi, wat de Regelstudienzyklus ass. Dat ass net esou einfach, wa mir déi ganz Vielfalt vun den Universitéite gesinn, déi mëttlerweil vun eise Studente gewielt ginn.

Ech wëll och deene soen, déi menge mir kéinten dat do op eng lëtzebuergesch Aart a Weis harmoniséieren a lëtzebuergesch Kritären opstellen, fir d'Definitioun vun engem Cycle d'études, datt mir da komplett op der falscher Piste wären, well mir eis an engem europäesche Kader befannen, a well mir eis do un déi europäesch Regle vun engem Land zum anere mussen halen an notamment och musse gutt oppassen, datt mir awer fir eis Studien d'Unerkennung vun eisen Nopeschlänner net a Fro stellen.

Am Wantersemester 1999/2000 hunn also ganz genau 4.243 Studente vun eiser Aide financière profitéiert. Dovun hunn 2.394 Studente vun engem Prêt profitéiert an 1.849 Studente vun enger Bourse. Dat do gëtt och en Opschloss op d'Situatioun vun der sozialer Stellung vum Student. Dat heescht also konkret, datt während dem leschte Semester ganz genau fir 497,9 Millioune Prêten accordéiert gi sinn a fir ronn 77 Millioune Boursen. Op ee Joer héichgerechent wär dat fir 1 Milliard Prêten a fir 160 Millioune Boursen am Total. An der Moyenne waren dat d'lescht Joer a pro Semester 117.351 Frang fir Prêten an 41.649 Frang fir Boursë pro Student.

De Projet gesäit vir - an ech wéilt dat och nach eng Kéier betounen opschonn d'Mme Rapporteur an hirem Exposé ganz komplett war -, datt den Dossier bei eiser Verwaltung - beim Centre de Documentation, dem fréiere SPOS - anzereechen ass. Déi Sue ginn awer iwwer siwe verschidde Banken ausbezuelt. Munchmol ass do e Mëssverständnis, et sinn also d'Banken déi de Prêt ginn an déi domat och herno - wann et zum Remboursement kënnt - zu enger gréisserer Disziplin sollen opruffen, well dat ass jo grad den Objet vun där Démarche déi mir gemaach hunn. Et ass un de Banken, fir de Remboursement vum Prêt aktiv ze ginn an och nozesichen, wou de Student ass an dann drop opzepassen, datt verschidden Délaien net iwwerschratt ginn.

Mir hunn an deemselwechte Wantersemester 512 Bourses spéciales vu 40.000 Frang ausbezuelt un déi Studenten, déi kee Retard bei hire Studien haten.

Et muss een dann nach 22, respektiv 51 Studenten derbei rechnen, déi iwwert de System vun den Aides financières ewech nach Boursë fir speziell Studië kréien oder awer als "nécessiteux" considéréiert ginn.

Den Här Wiseler hat eng Fro gestallt am Zesummenhank mat dem Cumul vun de Boursen an dem Beräich troisième cycle. Do wäert iwwert d'Reglement an der Kommissioun déi eng oder aner konkret Situatioun ze beliichte sinn.

Am Verglach mat den Nopeschlänner kann déi Lëtzebuerger Aide financière sech weise loossen. Ech huelen dat akademescht Joer 1995-1996, wat eis e kompletten Iwwerbléck gëtt mat Moyennen, wou mer 75.000 Frang als Bourse ausbezuelt hunn an 205.000 Frang als Prêt. Wann een an Däitschland esou Moyennë rechent, da gesi mer, dass et do 66.300 Frang Bourse a 66.300 Frang Prêt gëtt. A Frankräich kréien d'Studenten 83.300 Frang Bourse an 52.000 Frang Prêt. An der Belsch, wat Wallounien ugeet, do hunn d'Studente 34.400 Frang Bourse an 48.900 Frang Prêt. Mir leien also gutt ëm dat Duebelt am verglach mat eisen europäeschen Noperen, dat heescht, de Lëtzebuerger Student kritt an der Moyenne 280.000 Frang, wougéint säi franséische Studiëkolleeg der 136.000 kritt, den Däitschen 132.000 an de Belsch aus Wallounien 83.000 Frang. Mir sinn do also net esou schlecht gestallt, a mir hu mat dësem Gesetz nach eng zousätzlech Verbesserung bruecht, déi derzou féiere wäert, dass eis Aide financière europäesch eng Spëtzereiderfunktioun kritt.

D'Ausweidung vun dem Begréff Enseignement supérieur léisst natierlech déi Studiëgäng, déi zu Lëtzebuerg ugebuede ginn, zou, a berücksichtegt och net universitär Studien, wéi zum Beispill een DUT oder ee BTS, oder méi laang Studië vu véier oder vu sechs Joer, Typë vu Bac + 3, wéi de Bachelor, an zum Schluss dann och de postuniversitäre Beräich vun engem drëtten Zyklus, wou munchmol d'Denominatioune ganz verschidde sinn.

Mir hunn awer och bei de Frais d'inscription e Schrack méi wäit gemaach. Mir hu bei de Frais d'inscription eng ganz grouss Diversitéit, well d'Studenten an esou vill verschiddene Länner studéieren, ëmmer méi och an Amerika, an England, a Kanada, wou mer wëssen, dass d'Frais d'inscription ganz deier sinn. Mir hunn de Maximum eropgehuewen op 100.000 Frang pro Joer, déi d'Regierung bäileet. Ech weess, dass mer an deem Beräich deen een oder anere Problem hunn. Mir kënnen dem Student nach derzou 50% vun de Frais d'inscription

als Bourse zegutt rechnen, wat dann nach eng zousätzlech Aide financière ass.

Wat den troisième cycle ugeet, mengen ech, wär weider kee Kommentar ze maachen a weider keng Fro ze beäntweren. Ech wéilt awer am Detail op dat agoen, wat vun den honorablen Deputéierten haut hei gesot ginn ass.

Ech denken, dass dëst Gesetz e wichtege Schrëtt ass, mä wéi all Gesetz ass et ëmmer nëmmen e Schrëtt an déi Investitioun vu Wëssensvermëttlung an an déi Gesellschaft vu Wëssen, déi mer amgaang sinn ze ginn. Fir déi rentabel ze maachen, huet d'Regierung sech awer och budgetär Mëttel ginn, déi natierlech deene sollen zeguttkommen, déi de Benefiss dervun herno wäerten hunn, sief dat, dass se eng Aarbechtsplaz iwwerhaapt fannen, eng gutt bezuelten Aarbechtsplaz, an domat wichteg Ressourcë fir eist Land bedeiten.

Zu der Garantie huet den Här Ben Fayot nach e puer Froen opgeworf, déi vläicht erkläert musse ginn. Ech hunn d'éinescht gesot, dass déi Prêten iwwer d'Banke lafen. Wann elo de Stat mat der Garantie derhannert steet, an net e bëssen Zwang och mécht, dass déi Remboursementer solle geschéien, lafe mer op där Säit Gefor, dass d'Dossieren net esou genee suivéiert ginn, well jo d'Garantie vum Stat spillt, dat heescht, d'Bank huet kee Risiko. Am Sënn vun der gerechter Exekutioun vun deene Gesetzer ass et keng gutt Aart a Weis, wa Studenten op eemol mierken, dass se mat enger schlechter Zahlungsmoral besser ewechkomme wéi hir Kolleegen. Dofir ass schon der Regierung dat Signal eppes wäert, dass deen, deen net rembourséiert awer herno soll gefuerdert ginn.

Et ass wuelverstanen eng Fro vun Datenschutz, mä et ass awer och méiglech, dass mer mat der Signalwierkung, déi mir hunn, scho Resultater kréien. Et ass wéi bei anere Gesetzer, wou bei Remboursementer den Enregistrement materugezu gëtt. Déiselwecht Mechanismen, déi sollen och hei spillen. Mir haten z.B. de Fall vun engem Student, deen e weideren Délai fir säi Remboursement gefrot huet, deen awer gläichzäiteg e Prêt fir Logement lafen hat, an dat Duebelt vun deem, wat en nach als Prêt ausstoen hat, als TVA zréckbezuelt kritt. Dee Moment hu mer gesot, datt een awer emol fir d'éischt seng Schold beim Stat muss begläichen, ier een nei Recettë kritt.

An deem Sënn ass déi Iddi zréckbehale ginn. Déi ass och mat de Studentenorganisatiounen duerchgeschwat ginn, well et ass jo net esou, wéi wa mer dat Gesetz hei gemaach hätten an net mat de Studenten diskutéiert hätten. Ech war zweemol op der REEL, déi eng Kéier zu Wien, déi aner Kéier zu Karlsruhe, wou et all Kéiers ëm Detailfroe vun dësem Gesetz gaangen ass, a wou mer weitgehendst de Studenten an hiren Doléancen entgéintkomm sinn, notamment wat d'Prime d'encouragement mat dem Bachelor op dräi Joer ugeet. Dat ass eng Doléance vun de Studente gewiescht, déi mir och an deem Sënn berücksichtegt hunn.

Fir op dem Här Fayot seng Fro zréckzekommen, wat d'Onofhängegkeet vum Student ugeet, hu mer elo mat dem drëtten Zyklus eng éischt Etapp. Méi a méi Studente ginn onofhängeg vun hiren Elteren. An der Praxis ass et esou, dass et Meenungsverschiddenheete ka ginn tëschent dem Student a sengen Elteren, hie weiderstudéiere wëllt goen an d'Eltere soen: Et geet elo duer, mir bezuelen net méi. All Kéiers an deene Fäll, wann et Konflikter gëtt, ass d'Praxis déi, dass de Student als Indépendant berücksichtegt gëtt, wann en net méi op der Pailëscht vu sengen Eltere steet, dat heescht, selwer säi Kannergeld kritt - dat kann een ufuerderen -, an domat stellt am Fong d'Verwaltung d'Onofhängegkeet vum Student vu sengen Eltere fest. Dat ass eng Praxis, déi schonn esou leeft, dass also do deene jonke Leit hire Fräiraum net esou ageschränkt ass. Am Fall vu Konflikt mat den Elteren gi se als Indépendant an onofhängeg vum Revenu vun den Eltere considéréiert, wat dann awer als Konsequenz huet, dass an deem Stot dee Student net méi als Kand ka berücksichtegt ginn, steierlech a wat säi Kannergeld ugeet.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert fir eng Fro ze stellen.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Mme Minister, ech verstinn dat do. Dat liicht mer och an. Wann een déi Interpretatioun am Gesetz ka maachen, da kënnt ech mir virstellen, dass fir Adulten, déi Universitéitsstudië maachen, Fernuniversitéit zum Beispill, dat Gesetz keen Obstacle duerstellt, fir déi och als Indépendants mat an de Benefiss vun deem Gesetz eranzehuelen.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Dat ass Är Motioun, Här Fayot. Ech kommen herno drop zréck, wann Der erlaabt. Do komme mer op ganz aner Definitiounsschwieregkeeten, well Dir schwätzt vun Adulten. Do misste mer definéieren, wien dann e Student ass.

Mir hunn eng Fro gestallt kritt vum Här Xavier Bettel, wat d'Mise en vigueur ugeet. Et ass ganz klor esou, dass d'Mise en vigueur vun dësem Gesetz den 1. Juli ass, an een innerhalb vun engem Joer eng Demande ka maachen, fir eng Prime d'encouragement ze kréien. Dann zielt den Datum vum Diplom. Deen, deen no dem 1. Juli seng Demande mécht an den Datum vum Diplom virweist, wann en an der Regeldauer seng Studien ofgeschloss huet, dee kann d'Prim kréien. Iergendwann fänkt all Gesetz eng Kéier un. Mir hunn de Prinzip, dass et keng Retroaktivitéit vun de Gesetzer gëtt. Fir op dat Beispill zréckzekommen, wat Dir genannt hutt: Deen, deen eng zweet Sess kritt, deen huet dee Moment säin Diplom, deen huet natierlech och e Recht, wann en an der Regelstudiendauer ass, fir seng Prime d'encouragement ze kréien.

M. Xavier Bettel *(DP).-* Een deen zum Beispill de 25. Juni fäerdeg ass mat senger Uni, de 26. Juni ass d'Délibération du jury, de 27. Juni kritt e säin Diplom, den 1. Juli ass en net méi Student, e ka souguer den 29. Juni ufänke mat schaffen, dee kritt dann net d'Prime d'encouragement vum zweete Cycle. Een deen awer am September seng zweet Sess huet, dee fällt dann no dem 1. Juli. Ass dat dann net kontradiktoresch, dass een, deen et

am Juni packt, déi Prim net kritt, an deen am September se awer kritt?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Et ass een Datum. Ech ka keng aner Indikatioune ginn, wéi déi, déi an den Texter vum Gesetz ze liese sinn. D'Mise en vigueur ass vum 1. Juli vun dësem Joer un. De Paragraph 2 vun deem betreffenden Artikel gesäit vir, dass och déi Leit, déi en cours vun engem Studium sinn, kënne vun deenen Dispositioune profitéieren.

Da géif ech op déi Beräicher kommen, déi sech mat de Prozentsätz vun de Lëtzebuerger Studente beschäftegen. Mir hunn eng Verduebelung gehat. D'Erklärung, firwat net méi Studenten op d'Uni ginn, déi ass vielfälteg. Ech denken net, dass mer duerch méi genee Analysë vun der Soziologie vun deene Studenten, déi richteg Konklusioune kënnen zéien, well net ëmmer ass deen ee Student gläichzesetze mat deem anere Student, dee wuel finanziell d'Méiglechkeet huet, mä deen awer vun doheem net encouragéiert gëtt. Do ass d'Erklärung net um finanzielle Plang ze sichen a ganz sécher och net bei de Bäihëllefe vum Stat.

Ech ginn dem Här Hoffmann Recht, dass ee mat der Motivatioun ganz fréi muss ufänken. Ech denken, dass de sozialen Environnement vun der Famill am Ganzen zielt, an dass mer hei kënnen dat Bescht maachen, fir finanziell auszegläichen, wann d'Eltere kee Studium erméigleche kënnen.

Den Här Henckes huet da gemengt, et misst een op de Steierwee goen, an do d'Käschte fir Studië kënnen ofsetzen. Ech wëll hei keng Diskussioun untrieden, déi eng ganz aner ass, well et iwwer de Steierwee nach vill Bemierkungen ze maache gëtt, an déi éischt Diskussioun, déi mir an deem Zesummenhank wäerte musse féieren, ass, wann d'Titren 2 an 3 vum Gesetz iwwert d'Weiderbildung gemaach ginn.

Den Här Garcia freet a senger Motioun eng Reglementatioun fir den Enseignement à distance. Den Här Fayot freet eng Reglementatioun fir den Apprentissage tout au long de la vie. Alles dat hänkt zesummen, an ech sinn der Meenung, wann d'Auteure vun deene Motiounen d'accord sinn, fir d'Motiounen 1 a 5 nach eng Kéier an der Kommissioun ze behandelen an ze kucken, wéi mir eng gemeinsam Strategie do kënne maachen, fir net a Kontradiktioun ze komme mat deem, wat mer iwwer d'Gesetz vun der Weiderbildung an d'Ausweitung op den 2. an 3. Titre beschléissen.

Mir hunn an eiser Regierungserklärung iwwregens décidéiert, eist Steiergesetz ze vereinfachen. Et ass eng Demande do, fir munch Abattementen ofzeschafen. An deem Sënn wier et net gutt, wann elo ee Regierungsmember géif do eng Bande à part maachen an nei Abattementen unhuelen.

Dat gesot, Här President, géif ech alle Participanten vun dëser Diskussioun merci soen. Et ass e Schrëtt, et wäert awer ganz sécher ee wichtege Schrëtt sinn um Wee vun enger echter Héichschoulpolitik hei an eisem Land. Ech wier frou, wann d'Chamber mat enger grousser Majoritéit oder à l'unanimité dëse Projet géif stëmmen.

M. le Président.- Den Här Hoffmann wëllt nach eng Fro stellen.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Ech wéilt just nach ganz kuerz eng Bemierkung maachen. Däerf ech dat?

M. le Président.- Jo!

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Et war mir virdrun net ganz kloer - an ech mengen, ech sinn net deen Eenzegen, well ech hat e bëssche ronderëm gefrot, - déi Fro vum Rapport tëschent Bourse a Prêt. D'Mme Minister huet elo eng däitlech Äntwert ginn, dass an deem Projet de règlement grand-ducal, sou wéi en elo virgesinn ass, och nach ëmmer nëmmen de Maximum vun der Bourse ka 50% bedroe vun deem, wat als globale Maximum vun der Hëllef festgesat ass.

Ech wëll hei just hefteg derfir plaidéieren, dass mer dee Règlement grand-ducal ëmänneren, an dass mer dra virgesinn, dass bis zu enger gewëssener Akommesgrenz dee Rapport Bourse-Prêt soll 100% sinn. Dat heescht also, dass dee Maximum zu 100%, oder sou ähnlech, ofgedeckt ka ginn duerch Bourse non remboursable, an dass dann eréischt, vun deem Seuil vun Akommes un, déi Proportioun tëschent Prêt a Bourse entspriechend dem Akommes an de soziale Situatiounen differenzéiert gëtt.

Ech huelen elo e Beispill, dat vläicht e bëssche krass kléngt, mä awer eppes ausseet: Mir hunn elo e Maximum u Bedarf - ech hunn dat elo net iwwerpréift -, dee läit bei à peu près 30.000 Frang de Mount. Dat ass, wat mir soen, wat e Student géif brauchen. Dat heescht an anere Wierder, dass awer eng Famill muss 15.000 Frang bäileeën ausser Prêt. A grad bei engem Prêt schreckt awer vläicht e Kand aus engem schwaache Milieu nach méi zréck wéi en anert, well et och net weess, wéi et mat de Studie weidergeet a sou virun. Wann et dee Prêt net ophëlt, dann hätt d'Famill nach ëmmer 15.000 Frang bäizeleeën. 15.000 Frang fir e klengt Akommes, dat ass relativ vill.

Also nach eng Kéier: Ech géif ganz hefteg derfir plaidéieren, dass dee Règlement grand-ducal - well d'Gesetz léisst dat zou a seet näischt Prezises doriwwer aus -, géif an deem Sënn ëmgeännert ginn, dass bis zu engem gewëssenen Akommes un déi 100% vum Maximum vun der Aide iwwer Bourse kéinte gedeckt ginn. Merci!

M. le Président.- Den Här Fayot huet och nach d'Wuert gefrot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wollt op déi Suggestioun vun der Mme Minister agoen, fir meng Motioun - den Här Garcia muss jo fir seng schwätzen - an d'Kommissioun zréckzeverweisen.

Ech hunn am Prinzip näischt dergéint, fir dat an der Kommissioun nach eng Kéier ze diskutéieren, mä ech wëll awer hei an aller Däitlechkeet soen, dass ech net verstinn, dass d'Regierung sech dergéint stäipt bei deene Leit, déi zum Beispill hallef Zäit schaffen an déi aner Zäit

Universitéitsstudië verfollegen, an déi bis 1999 ëmmer vun deene Finanzhëllefe konnte profitéieren a säit 1999 net méi, aus där Ursaach, dass dat Gesetz vun 1977, also och dat vun 1999, nëmme Studië vu Kanner a Relatioun mat hiren Eltere considéréiert. D'Mme Minister huet eis elo just gesot, dass et méiglech wär, am Kader vun deem Gesetz och d'Onofhängegkeet vum Student mat a Betruecht ze zéien, sou dass ech wierklech d'Regierung, d'Verwaltung géif bieden, dat do nach eng Kéier ze reconsidéréieren.

Ech verstinn net, firwat dass dat, wat vun 1977 bis 1999 gelaf ass, dann op eemol net méi sollt méiglech sinn. Elo am Kader vun dësem Gesetz ass et jo awer theoretesch méiglech, wéi d'Mme Minister eis dat gesot huet, an ech géif wierklech drop insistéieren, dass d'Verwaltung do hir Praxis géif reconsidéréieren, fir datt déi Leit, déi Studië maachen an e grousse Sacrifice maachen an als Beruffstäteg Universtitéitsstudië verfollegen, an de Benefiss vun deem Gesetz kënne kommen, wou jo keng legal Schwieregkeet besteet, fir dat ze maachen.

Dat gesot, sinn ech mat der Mme Minister d'accord, dass mer déi ganz Problematik vum Apprentissage tout au long de la vie kënnen an der Kommissioun nach eng Kéier kucken. Wann ech awer all déi Saachen héieren hunn, déi de Mëtteg hei gesot gi sinn, da gesinn ech wierklech keng Ursaach, fir déi Leit aus dem Benefiss vun deem Gesetz auszeschléissen. Ech géif, wéi gesot, nach eng Kéier d'Regierung an d'Verwaltung bieden, fir sech dat seriö ze iwwerleeën.

M. le Président.- Da komme mer elo zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4562 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 12 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4562.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 57 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Fred Sunnen), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Norbert Haupert), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jean Asselborn) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener;

M. André Hoffmann.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Motions

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen. Dir hutt se schréftlech virleien an d'Mme Minister huet d'Stellung derzou geholl.

Et ass d'Propositioun gemaach ginn, fir d'Motioun 1 vum Här Fayot an d'Motioun 5 vum Här Garcia an d'Kommissioun zréckzeverweisen. Sidd Der domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer zur Motioun 2.

(Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Mir froen de Vote électronique fir déi dräi Motiounen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, ech wollt awer eppes dozou soen

M. le Président.- Loosse mer dann elo der Rei no fueren! Frot Dir de Vote électronique fir d'Motiounen 2, 3 a 4?

(Assentiment)

Dat ass notéiert!

Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si selbstverständlech d'ac-

cord mat der Mme Minister, wa si seet, si géif déi Motioun 2 net unhuelen, sou wéi se rédigéiert ass.

Dat ass och normal, well mat där Motioun hei géif een der Regierung d'Hand forcéieren, eng isoléiert Mesure ze huelen. Dofir hate mir eventuell geduecht ze proposéieren - mir wëssen zwar net, ob den Auteur vun der Motioun dat unhëlt, ech weess och net, ob d'Mme Minister domat d'accord ass -: "invite le Gouvernement à étudier dans le cadre de la réforme fiscale la possibilité d'une déduction fiscale à titre de charges extraordinaires" net "de tous les frais", mä "des frais de scolarité".

Et kann een dat hei net als Mesure isolée huelen, se aus hirem ganze Kontext eraushuelen. Mä et wär d'Méiglechkeet ze studéieren, ob déi Possibilitéit géif bestoen, fir op dee Wee do ze goen. Dat wär kengem d'Hand forcéiert, fir dat sou ëmzeänneren, wann d'Mme Minister d'accord ass. Wann net, da stëmme mer natierlech géint déi Motioun.

M. le Président.- Den Här Krecké huet d'Wuert, dono den Här Hoffmann an dann den Här Bausch.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här President, ech hu meng stäerkste Bedenke fir déi Mesure, déi hei préconiséiert ass.

Firwat? Well et net gerecht ass.

Une voix.- Jo!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Hei kënne jo da just déi Leit ofschreiwen, déi éischtens Steiere bezuelen, an hunn och am meeschten dervun déi, déi vill Steiere bezuelen. Or, dat hei ass en elementaart Recht, wat een eis Bierger muss zouschreiwen, dass se d'Méiglechkeet kréien, fir hire Kanner eng Ausbildung op enger Uni ze erlaben. Also soll een hinnen eppes zoukomme loossen, fir datt dat méiglech ass. Dat kann een net bei eiser Struktur vun eiser Gesetzgebung iwwer de Steierwee maachen. Dat ass foncièrement ongerecht.

Ech géif wierklech dervun ofroden, op deen do Wee ze goen, a mir wäerten déi Motioun och mat Sécherheet net stëmmen.

M. le Président.- Den Här Hoffmann.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Ech wollt eigentlech genau datselwecht soe wéi den Här Krecké. Ech wäert déi Motioun och net stëmmen, well, a mengen Aen, all Abattement den Effekt vu sozialer Ongerechtegkeet huet.

M. le Président.- Den Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Et ass ëmmer schlecht, wann een als leschten dru kënnt, well dann hunn déi aner meeschtens schonn eng ganz Rei Saache gesot.

Ech schléisse mech deenen zwee Virriedner un. Ech wëll awer soen, dass d'Motioun 3 eis méi interessant schéngt ze sinn, an et sollt een driwwer diskutéieren, ob een net speziell Aiden, sougenannten Allocations de logement mensuelles, sollt virgesi fir Studenten.

Allerdéngs sinn ech net dermat d'accord, wann dat einfach sou generaliséiert soll agefouert ginn. Mir schéngt et evident ze sinn, dat ze kucke bei verschiddene Revenuskategorien, awer net wann ee Ménage ee ganz héije Revenu huet. Do schéngt et mer e bësschen zweifelhaft, fir sou Saachen anzeféieren.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert nach gefrot.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu vun där Suggestioun, déi hei vum Fraktiounspresident vun der Demokratescher Partei formuléiert ginn ass, Kenntnis geholl an ech sinn och mat deem neie Libellé d'accord.

Ech weess, datt een dat soll an engem globale Kontext gesinn, dofir hat ech och versicht, net iwwert de Wee vun Abattementen ze goe mä iwwert d'Charge extraordinaire. Dorop kann een nach eng Kéier zréckkommen.

Wat déi Remarke vun deenen anere Virriedner ugeet, wëll ech soen, datt wann een d'Déductibilité fiscale virgesäit an op där anerer Säit Subsiden, da si mir bien entendu d'accord, fir deene Leit, déi keng Steiere bezuelen, iwwer Subsiden entgéintzekommen, mä datt een de Prinzip selwer an d'Modalitéit vun der Charge extraordinaire fir déi aner Leit virgesäit mat notamment mëttlerem Akommes. Dat ass awer de Gros vun de Leit, déi augenblécklech hir Kanner op d'Unie schécken, an deene misste mer iwwert dëse Wee entgéintkommen, an dofir dës Motioun.

Wat déi drëtt Motioun ugeet, wollt ech nach eng Kéier preziséieren, dass a Frankräich, wou ech gemierkt hunn, dass ganz vill Lëtzebuerger Studente vun der franséischer Gesetzgebung profitéieren, augenblécklech do déi Allocation de logement ouni Condition de revenu accordéiert gëtt. Déi Lëtzebuerger Studenten, déi op de Wee gi fir sou eng Allocation de logement a Frankräich ze froen an déi hei net op déi verschidden Indemnitéiten oder Boursë verzichten, wieren deen Ablack net méi berechtegt, déi a Frankräich ze froen. Dofir wier et richteg a wichteg, datt déi Lëtzebuerger Regierung géif kucken, fir hei eng kloer Situatioun ze schafen. Dofir hunn ech versicht, dës Motioun anzebréngen.

M. le Président.- Da stëmme mer elo of iwwer d'Motioun 2

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Mat der Modifikatioun wéi den Här Rippinger se proposéiert huet?

M. le Président.- D'Mme Minister freet d'Wuert.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Den Här Rippinger hat eng Propositioun gemaach, fir dës Motioun ze modifizéieren.

Ech muss leider drop hiweisen, dass mer eis och domat a Contradictioun befanne mat deem, wat mer an der Regierungserklärung zesummen ofgemaach hunn. Mir hu gesot, mir géifen d'Abattementen an de Steiergesetzer aschränken a souguer eis Steierreform an deem

Sënn organiséieren, datt mer dat maachen. Ech géif do eng Contradictioun gesinn, dofir, Här Rippinger, kann ech och net mat der Modifikatioun d'accord sinn.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Mir maachen natierlech näischt, wat géint dat géif goen,…

(Hilarité)

…wat am Accord de coalition steet. Ech hunn awer hei nëmme proposéiert: "à étudier la possibilité". Méi hunn ech net gesot. Ech hunn awer och gesot, wann d'Mme Minister d'Motioun net géif unhuelen, da géife mer dergéint stëmmen. Also stëmme mer dergéint. Sou einfach ass et.

(Interruptions)

M. le Président.- Den Här Glesener huet d'Wuert.

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Här President, mir stëmmen och géint déi Motioun.

Une voix.- A firwat?

(Interruptions diverses)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Mir wëllen dann den Text originaire oprechterhalen, wéi mir en abruecht hunn.

M. le Président.- Wëllt Der se dann elo elektronesch ofgelehnt kréien oder par main levée?

(Hilarité générale)

De Vote fänkt un!

Vote

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 6 Jo-Stëmmen an 53 Nee-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen).

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Nicolas Strotz), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Willy Bourg), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. André Hoffmann.

Elo komme mir zu der Motioun 3. Ass och do de Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

D'Mme Minister huet d'Wuert zu der Motioun 3.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Am Kader vun der Berechnung vun der Aide financière droe mir deem Käschtepunkt Rechnung, deen an de jeeweilege Stied berechent gëtt. Am Kader vun deem Reglement gëtt och de Fräe vum Logement Rechnung gedroen. Ech mengen dat hei géif iwwert dee Kader erausgoen. Wann den Här Henckes schonn de Verglach mat de Fransouse mécht, da wëll ech him soen, datt d'Aide financière déi mir ginn, dat Duebelt vun deem ass, wat e franséische Student kritt.

M. le Président.- Mir stëmmen dann och iwwert déi Motioun of.

Vote

Déi fir d'Motioun 3 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 3 ass verworf mat 47 Nee-Stëmmen, 5 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Fred Sunnen), Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Norbert Haupert), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Laurent Mosar), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Willy Bourg), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Agny Durdu (par

M. Marco Schroell), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Alexandre Krieps), MM. Jean-Paul Rippinger et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jean Asselborn), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener;

M. André Hoffmann.

Da komme mer elo zu der Motioun 4.

Vote

Déi fir d'Motioun 4 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 4 ass verworf mat 44 Nee-Stëmmen, 11 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Willy Bourg), Norbert Haupert, Ady Jung, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nicolas Strotz) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jos Scheuer), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jean Asselborn), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Domat wären d'Motiounen ofgeschloss a mir kéimen zu eisem nächste Punkt um Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 4638 iwwert d'Entsuergung vum Asbest am Gebai vun der europäescher Cour de Justice um Kierchbierg.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Willy Bourg.

4. Projet de loi 4638 relatif au désamiantage du Palais de la Cour de Justice des Communautés européennes à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Willy Bourg *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet N° 4638 iwwert d'Décontaminatioun vum Palais de Justice vum europäesche Geriichtshaff ass ee vun deene Projeten, déi a wierklech kuerzer Zäit - manner wéi 3 Méint - den Instanzewee duerchlaf hunn. Dëst kann een nëmme begréissen. Schliesslech mussen a sollen d'Aarbechten, déi dëst Gesetz virgesäit, esou schnell wéi méiglech an Ugrëff kënne geholl ginn.

Dëst Gebai vum europäesche Geriichtshaff ass Ufanks de 70er Jore gebaut ginn. Déi speziell Metallkonstruktioun, déi ganz schnell no baussen als Wahrzeeche vun dëser Institutioun bekannt gouf, huet awer eng Rei Nodeeler. Een dovun ass déi schlecht Resistenz géintiwwert dem Feier. Dofir war an der Zäit eng Isolatioun mat Sprëtzasbest gemaach ginn.

Den Asbest ass jo laang Zäit wéinst senge verschiddene positiven Eegeschaften als Wonnermaterial bezeechent ginn. Den Asbest ass feier- an hëtzresistent, huet eng ganz héich chemesch Stabilitéit, an ass besonnesch gutt gëeegent fir ze isoléieren. Dofir ass den Asbest Enn de 60er, Ufanks de 70er Jore vill an der Konstruktioun agesat ginn, wat sech leider ganz geschwënn als kapitale Feeler erausgestallt huet.

Zu dëser Zäit waren déi kriibserregend Eegeschafte vum Asbest nämlech nach net bekannt.

Eng ganz Rei Gebaier, déi am virgenannten Zäitraum gebaut goufen, hunn an der Zwëschenzäit wéinst der Presenz vum Asbest misse fir vill Suen décontaminéiert ginn. Dëst ass souwuel hei zu Lëtzebuerg, wéi och am Ausland de Fall gewiescht. Eent vun dëse Gebaier war de Bâtiment Berlaymont, de Sëtz vun der Europäescher Kommissioun zu Bréissel. Dëst Gebai ass besonnesch an d'Schlagzeile komm, well d'Décontaminatiounsaarbechte mat enger gewësser Noléissegkeet duerchgefouert goufen.

De Verlaf vun dësen Aarbechten huet d'Personal vum europäesche Geriichtshaff dozou verleet, fir mat Nodrock op de Problem vum Palais de Justice opmierksam ze maachen an eng méiglechst schnell Léisung ze verlaangen.

Obschonn regelméisseg Analysen am Palais vum europäesche Geriichtshaff gewisen hunn, datt den Taux vum Asbest an der Loft ënnert dem zoulässegen Taux läit